

# Gemengerot Esch

Rapport analytique N°1 / 2012



*Le théâtre municipal était comble lors de la soirée des récompenses sportives le 16 février*



---

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

**Conseiller absent:**

M. Pierre-Marc Knaff


**Ordre du jour**

Réunion à huis clos Page

1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

## Réunion publique

2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Rénovation de l'ancien bâtiment de l'école de Lallange; décision	4
5. Economie solidaire: Présentation de la convention avec la société CO-LABOR dans le cadre du projet „Valobois“ et décision	6
6. Office social: a) fixation de l'indemnité du receveur; avis b) Convention entre l'Office social d'Esch-sur-Alzette, l'Etat et la Ville d'Esch-sur-Alzette; présentation et décision	7
7. Subventionnement des activités culturelles organisées par la Kulturfabrik asbl: présentation de la convention entre la Ville d'Esch, l'Etat et la Kulturfabrik asbl, et décision	7
8. Bibliothèque municipale: nouveau règlement d'ordre interne; décision	9
9. Parc animalier au „Galgebierg“: présentation de la convention avec un cabinet vétérinaire et décision	9
10. Antenne collective: adaptation des taxes suite à une modification du taux des droits d'auteurs; décision	11
11. Décomptes de l'exercice 2010 (travaux municipaux); décision	12
12. Südstroum Sàrl & co secs: Poste de transformation HT/MT Ehlerange – ligne de crédit à approuver; décision	13
13. Fixation du taux d'impôt foncier pour l'exercice 2012; décision	17
14. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour les exercices 2009 à 2011; décision	18
15. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	18
16. Commissions consultatives: changements de composition; décision	19
17. Commission des Femmes et Hommes de métier: nomination des membres; décision	19
18. Subsides extraordinaires; décision	20
19. Contrats de bail; décision	20
20. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	20



**Sëtzung vum Escher Gemengerot  
Freideg, den 20. Januar 2012**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„Sou Dir Dammen an Dir Hären, da géin ge mer mat eiser öffentlecher Sitzung ufänken. Ech géing dann och d'Vertriederinnen an d'Vertrieder vun der Press hei begréissen an och déi Leit aus dem Public déi komm sinn. Well et eis éischt Sitzung am neie Joer ass, wollt ech vun der Geleenheet profitéiere fir lech an eis allegueren e glécklecht neit Joer ze wünschen. Et ass esou just nach un der Zäit wou een drun denkt, dass et en neit Joer ass. Duerfir maache mer dat dann och haut als Schäfferot. Also alles Guddes, mir sinn och frou, dass Dir all gesond a monter erém hei am Gemengerot ukomm sidd. Dir gesitt dass e klenge Change ment ass. Mir hunn en neie Gemeng sekretär an der Persoun vum Jean-Paul Espen an ech géing dann och hien hei offiziell begréissen. Et ass seng éischt Sitzung. All Respekt. A mir géingen him dann och bonne chance bei senger neier Missioun wünschen.“

Mir hunn als éischt am Zesummenhang mam Ordre du jour eng Ufro vum Här Hansen fir eng Motioun nach matzehuelen. Här Hansen, wann Dir just an zwee Wieder wéilt soe wat dat ass an da géin ge mir eng Propositioun maachen als Schäfferot.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Bonjour. Merci, Madame Buergermeeschtesch. Also, an zwee Wieder probéieren ech et ze erklären. Et ass u sech 60 minutes pour la planète, d'Earth Hour. Et ass wéi de Stroum am Mäerz fir 60 Minuten, also d'Luuchten hei zu Esch auszeschalten. Ech kommen herno méi genau drop zréck wat dat alles mat sech huet. Ech wéll lech och just drop hiwiesen, Dir braucht keng Angscht ze hunn, d'Dokument ass e bëssen déck, mä dat ass och mat engem Beispill wéi et zum Beispill appliziert keint ginn. Also erféiert elo net, ech maachen dat herno och ganz kuerz a knackeg.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Bon, d'Fro déi elo ass a wou mer mussen och den Aval vun lech hunn, also ob Dir d'accord sidd fir déi dote Motioun, mir géinge proposéieren als Schäfferot direkt hanner Punkt 12 ze huelen. Hanner Süd stroum, da kann den Här Hansen eis dat e bësse méi genau erklären. Ass de Gemengerot d'accord fir déi Ajoute unzehuelen? Dat ass de Fall.“

Da géinge mer mat eisem regulären Ordre du jour wiederfueren.“

**2. Information au public des décisions de personnel**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„Als Information au public, do stinn natierlech wéi dat d'Traditioun ass d'Personalfroen un déi am Huis clos décideert gi sinn. Dat geet schrifftlech en cours de route un d'Membere vun der Press weider wat d'Décisiounen ubelaangt.“

A) Nominations provisoires.

Carrière du rédacteur.

Nomination provisoire de 5 rédacteurs de la Ville: Bastos, Delvaux, Muratovic, Zuman, Winckel

B) Nominations définitives.

Carrière de l'agent municipal.

1) Nomination définitive de Monsieur Serge Martins aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1<sup>er</sup> janvier 2012.

2) Nomination définitive de Monsieur Giuseppe Zangari aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1<sup>er</sup> janvier 2012.

C) Promotions.

Carrière de l'ingénieur technicien.

Promotion avec effet au 1<sup>er</sup> février 2012 de Monsieur Laurent Menster, ingénieur technicien inspecteur (grade 11) depuis le 01.12.2003, affecté au département des travaux municipaux, aux fonctions d'ingénieur technicien inspecteur principal (grade 12).

D) Questions de personnel engagé soit sous le régime du salarié.

Prolongation de l'engagement à plein temps pour la période allant du 1<sup>er</sup> janvier 2012 jusqu'au 31 mars 2012 de Monsieur Bernard Linster comme salarié à vocation intellectuelle auprès de la bibliothèque municipale.

**3. Correspondance**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„Mir hunn och kee spezifische Punkt énner Korrespondenz.“

**4. Rénovation de l'ancien bâtiment de l'école de Lallange; décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„Mir können direkt bei de Punkt 4 Renovatioun vum ale Gebai vun der Lallenger Schoul kommen. An dee Punkt gëtt presentéiert vum Här Huss, eisem Bauteschäffen.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Dir wësst allegueren, datt déi nei Koalitioun,

déi no de Wahlen erauskomm ass, an hirem Koalitiounsprogramm weiderhin eng grouss Prioritéit wëllt leeën op eis Kanner an op eis schoulesch Infrastruk

turen. Insgesamt, souwuel wat d'Schoul ubelaangt wéi wat d'Maisons Relais ubelaangt. An an deem Kontext ass et kloer, datt mer da vun Ufank u wëllen Neel mat Käpp maache fir datt dat net némmen e Versprieche bleift. A wat den Neibau vu schouleschen Infrastrukturen ugeet oder d'Renovéierung vun alle schouleschen Infrastrukturen, datt mer déi ganz schnell wëllen ugoen.

Een Aspekt – et ass just eng allgemeng Bemerkung – ass deen, datt mer enger-säits amgaange sinn an eise Servicer ze iwwerleeën, wou mer eng nei Zentrums schoul wëllen a wéi dat soll goe mat enger neier Zentrumsschoul. En aneren Aspekt ass deen, datt d'Renovatioun vum Brill elo viru geet. Et geet erém u mat der Renovatioun vum Brill, nach Enn dëses Mount soll dat geschéien. An hei hu mer elo de Projet vun der Lallenger Schoul, wou Dir alleguerete wësst, datt mer jo en neien Deel gebaut hu vun der Lallenger Schoul mat Maison Relais, an datt mer awer nach de Problem hu vun deem ale Gebai, wat en uraalt Gebai ass a wou et kloer ass, datt mer elo wëllen dru goen, fir dat aalt Gebai ze renovéieren. An deem ale Gebai ware schonn eng Rei Viraarbechte gemaach ginn. Notamment si schonn nei Fénsteren do agebaut ginn. Och eng aner Belüftung. Dat ass scho geschitt énnert der viregter Koalitioun, mä mir mussen dat aalt Gebai insgesamt renovéieren an a Stand setzen. Déi Aar bechte wäerte ronn annerhallef Joer daueran, an da musse mer haut duerfir en Devis stëmme fir déi Renovatioun, datt déi Renovatiounsaarbechte kënnen züeg ugoen nach an dësem Fréijoer. An et ass dorriwwer, wou mer haut schwätzen. Et ass en Devis vu ronn 1,8 Mio €, déi do sollen agesat ginn. Et ass also e ganz substantielle Montant, deen do agesat gëtt fir déi Renovatioun ze maachen. Dir hutt an Ärem Dossier deen Dir do virleien hutt, eng ganz Rëtsch vun Erklärungen. Och vun Exigenzen, déi gestallt ginn, beispillsweis vu Considérants de sécurité, vun de Ministèren, vun den Inspektiouen an esou virun. Beispillsweis, wat muss gemaach ginn, fir de Rouersystem vum Waasser géint Legionellen ze schützen. Beispillsweis och, wat d'Sécher heetsmoossname musse sinn an de Raim lechkeete selwer. Dat heescht, als Beispiller Brandschutz, Feierschutz, d'Fixatioun vu Schief an esou virun, datt et net dozou kënnt, wéi dat elo virun 2 Joer, oder wéini war dat, wéi dat zu Steesel de Fall war, wou de Schaaf engem Kand op de Kapp gefall ass. Dat heescht, all déi Saachen hutt Dir hei an Ärem Dossier dra leien a mir plädéieren also dofir, datt deen Devis hei elo haut soll gestëmmt ginn, datt déi

#### 4. Rénovation de l'école de Lallange

Aarbechte kënnen entaméiert ginn. Wann déi Aarbechten da fäerdeg sinn, da soll och nach den Turnsall an Ugréff geholl ginn an eng Spillplaz. Mä dat sinn Aarbechten, déi dann duerno nach wäerte kommen, bis dann déi Situatioun definitiv an deem Lallenger Quartier zu engem Gudde bruecht ginn ass.

Dat sinn déi Haaptexplikatiounen déi ech lech haut wollt ginn. Et geet also just hei drëm fir deen Devis ze stëmmme fir datt déi Aarbechten zu Lalleng kënnen ugoen. Et ass natierlech kloer- ech kéint mer virstellen, datt deen een oder deen aneren dat wéilt froen – et ass natierlech kloer, datt mer wäerte versichen ze kucke, wéi bei engem Neibau, bei der Renovatioun vun désem Gebai och no Energieeffizienz-Critères an no baubiologesche Critères ze fueren, wann déi Saachen dann amgaang sinn. Mä virdru muss Dir deen Devis stëmmen, datt mer déi Saach kënnen entaméieren. A während enger Iwwergangszäit sollen d'Kanner, déi an deenen 8 Säll – et geet jo hei ém 8 Säll – an den neien Annexë énnerbruecht ginn. Wann et net duergeet, hätte mer och nach d'Nonnewisen, fir kënnne Kanner och do ze deplacéieren, wann et noutwenneg ass. Mä wéi gesot, hei geet et elo ém den Devis, reng némmen ém den Devis, datt mer kënnen ufänke mat bauen a renovéieren."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Huss, fir dës émpaassend Informatiounen. Den Här Zwally assdeen eische Riedner dee sech gemellt huet.“

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Numm vun der CSV soen, dass dat doten net fir eis eng nei Koalitioun ass. Et ass eng nei/al Koalitioun déi elo an deenen næchste 6 Joer wäert hei regéieren. Ech mengen an de Budgeten hu mir émmer dorriwwer diskutéiert wat fir eis an därdoter Politik Prioritéit ass. Mir haten eng aner Vue op d'Entwicklung vun eise Schoulen. Mir waren der Meenung, dass ee prioritar sollt déi Gebaier déi al waren, direkt restrukturéieren an nei maachen, amplaz nei Bauten direkt ze maachen an duerno deen dote Wee ze sichen. Hei ass eng politesch Prioritéit déi Dir fir lech esou gesat hutt wéi Dir mengt dass et richteg wier. Zu der Situatioun wat d'Devisen ubelaangt. Mir kënnen eis erënneren, dass haaptsächlech um Niveau vun der Lallenger Schoul mer eng Kéier de Problem haten, dass mer Devis définitif hei gestëmmt hunn an im Nachhinein nach eng Kéier Devis supplémentaires komm sinn. Mir wäerten hoffen, dass op deem dote Gebitt dat doten net méi

wäert virkommen an dass mer net erëm eng Kéier konfrontéiert gi mat zousätzlichen Devis supplémentaires.

Wat de Sécherheetsniveau ubelaangt, ass richteg wat hei de Schäffé gesot huet. D'CSV huet och émmer drop higewisen, dass et wichteg ass, dass de Correspondant de sécurité, respektiv och den Délégué à la sécurité ee vun deene wichtegsten Deeler sinn. Hien huet Steesel ugeschwat, och fir eis war dat wichteg a mir sinn elo mol vrou, dass mer och um Niveau vun der Réforme administrative op dee Wee gi fir déi Problematik vun der Sécherheet an eisen öffentleche Gebaier zesumme mat deem Sécherheetsdelegéierten ze analyséieren an esou séier wéi méiglech deem och d'Instrumenter ze ginn an och d'Méiglechkeiten ze gi fir allegueren déi Sécherheetsbestëmmungen, déi gesetzlech virgesi sinn, fir déi émzesetzen. An an deem Senn wollt ech dann hei soen, datt mir wäerten als d'CSV och dësen Devis hei mat stëmmen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Zwally. Et sinn elo soss keng Wuertmeldungen do. Ah, entschëllegt, den Här Bernard.“

**Zénon Bernard (KPL):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Am Numm vu menger Partei wollt ech soen, dass mir selbstverständlech der Meenung sinn, dass et gutt a richteg ass déi Schoul ze renovéieren. Ech sinn der Meenung, dass dat eng Noutwennegkeet ass. Et ass eng Periodidéitgeschicht déi an alle Schoulen, an alle Gebaier virkommen, dass ee muss d'Renovatioun virhuelen. Ech hoffen, dass den Devis realistesch ass. Ech ginn dovun aus, dass en zimlech realistesch ass an ech wollt den Accord vu menger Partei zu deem Projet ginn.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Bernard. D'Madame Hildgen.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Dir hutt jo elo grad héiere vun eisem Spriecher, selbstverständlech stëmme mir hei zou, well mir fannen et ass immens wichteg, datt d'Kanner an engem Schoulgebai si wat sécher ass, wat zugeschnidden ass, wou se gutt kënnen op hir Besoinen, datt se gutt kënnne léieren, datt se gutt opgehuewe sinn. Ech hu just eng Fro. Hutt Dir schonn eng Ahnung – elo kritt Dir haut den Aval fir dat ze maachen – wéini ongefíer datt déi Aarbechte géifen ugoen? A wéi laang ongefíer datt et géif dauerent? Well ech mengen den Här Huss huet gesot, déi Kanner ginn delogéiert zum Deel an et wier inte-

ressant fir ze wësse wéi laang datt se missen an aner Gebaier goen. Well et ass vun den Nonnewise geschwat ginn an dat gëtt zum Beispill fir mech elo schonn en Transportproblem eventuell fir ze kucke wa verschidde Klassen dohinner kommen, wéi déi Kanner dohinner kommen. An dat zweet ass effektiv fir ze wësse wéi laang datt déi aner Schoulklassen da musse mam Kaméidi a mam Knascht këinne lieuen, well et gëtt Stepps, et gëtt Dréck, selbstverständlech. A wéi Dir dat organiséiert, fir eventuell duerno weider ze fueren. Ech soen lech Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Madame Hildgen. Si soss keng Wuertmeldungen do? Da géing ech de Bauteschäffen a vläicht och de Schoulschäffe froe fir op déi Froen anzegoen.“

**Schäffé Jean Huss (déi gréng):** „Fir direkt vläicht der Madame Hildgen ze äntweren, fir datt et kee Méssverständnis gëtt: an deem Mooss, wou et méiglech ass, déi Kanner an déi nei Gebaier ze logéieren, brauche mer d'Nonnewisen natierlech net. Ech hunn dat just gesot, wann et esou wier, datt awer Problemer géifen optauchen, dann hätte mer an déser Phase, well d'Nonnewise Schoul jo och ganz nei ass, eng grouss Schoul bereet. Mä ech mengen awer net, datt et noutwenneg wäert ginn. De Schoulschäffe kann och nach kuerz doropper agoen. Ech hunn dat just einfach esou gesot, wann e Problem géif optauchen, dann hätte mer nach eng Auswäichméiglechkeet a Richtung Nonnewisen. Mä am Prinzip gi se an déi nei Gebaier zu Lalleng. Är Fro, wéi laang et dauert: 18 Méint! Et steet och am Dossier dran. 18 Méint wäert dat dauerent, a wa mer den Devis hei haut stëmmen, da wäerte mer och séier ukommen do dermat.“

Dann, wat den Här Zwally nach gesot huet. Ech sinn natierlech ganz vrou, datt si och deen Devis hei wäerte stëmmen. Hie seet, hie géif hoffen, datt keen Devis supplémentaire noutwenneg géif ginn. Ech mengen, dat ass selbstverständlech. Mir hunn eng Estimationen hei gemaach kritt vun eise Servicer. Dat ass déi, déi elo hei um Dësch läit. Ech mengen, datt déi Estimationen serieux ass. Wann Dir e wéineg den Dossier och am Detail kuckt, da steet beispillsweis énnert dem Punkt 17 „unvorhergesehene Posten“. „Unvorhergesehene“, do si 70.000 € agesat. Dat weess ee jo net ob esou e Poste muss gebraucht ginn oder net. Ech hoffe selber, mir ginn dovun aus, datt deen Devis realistesch ass. Ob do elo Saache virkommen, dat weess jo keen. Wann eppes do ufänkt ze brennen oder ech weess net

wat, da sinn d'Konditiounen natierlech anescht. Mä am Prinzip ass et deen do Devis, deen eis realistesch schéngt ze sinn. Dat waren also déi Froen.

Datt d'Sécherheetsfroen effektiv extrem wichteg sinn, net némmen an där doter Schoul, mä an allen éffentleche Gebaier ass och kloer. Duerfir hu mer jo just deen Délégué à la sécurité agestallt. Deen ass jo elo do. Dee Posten ass jo geschafe ginn, an deen Délégué à la sécurité ass do, deen och zesumme schafft mam Här Tapp, deen och fir d'Sécherheet mat zoustänneg ass. Ech schaffen elo ganz enk mat deene Leit zesummen a mat dem zoustännegen Architekt, fir ze kucken, esou schnell wéi méiglech an alle Schoulgebaier ze kucken, wat do net klappt a wat do muss redresséiert ginn, a wat d'Prioritéité sinn. Dir kënnt lech ganz gutt virstellen, datt ech keng Loscht hätt, an eng Situatioun eran ze komme wéi zu Steesel. Ech mengen, dat wier eng Situatioun, déi ee kengem Politiker ka wünschen, datt do an engem Schoulsall, wou hie selwer jo net wousst, wou de Buergermeeschter an déi Schäffé jo net wousten, ob do e Schaf fest ugemaach war oder net. Da fällt esou e Schaf ém a fällt engem Kand op de Kapp an da ginn et Gerichtsaffairen. Dat wéll ech hei net hunn, an dofir hu mer en Délégué à la sécurité, a mer kucken, esou schnell wéi méiglech, mat Prioritéiten natierlech, déi Mängel déi bestinn opzeschaffen. Dat ass d'Antwort also op déi dote Fro.

Dann eng lescht Saach, déi den Här Zwally gesot huet, wou ech net richtig verstanan hunn, wat hien domatter gemengt huet. Hien huet gesot, d'CSV hätt aner Prioritéité gehat, an zwar d'Prioritéít, fir d'éischt an d'Altbauanéierung vun de Schoulen eran ze goen an dann eréischt aner Saachen, nei Saachen ze plangen. Mä hei ass genau dat. Hei ass eng Altbauanéierung, dat heescht also, en ale Bau gëtt renovéiert. Wat mer um Brill maachen, ass jo och am Fong déi al Brill Schoul ze renovéieren. Dat heescht, dat si jo awer genau déi Saachen. Derniewent menge mer awer, datt vun der Schüle-rzuel hir gesinn et wichtig wier, datt mer nach zousätzleche Schoulraum, haapt-sächlech am Zentrum hei solle schafen. Also et ass kee grousse Géigesaz, Här Zwally, mir maache beides. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci fir dës Explikatiounen, Här Huss. Ech wollt eise Schoulschäffé froen ob hien och nach e puer Remarquen ze maachen huet?“

**Schäffé Jean Tonnar (LSAP):** „Ma ech wollt just soen der Madame Hildgen, dass

et net néideg ass an d'Nonnewisen zeréck ze gräifen, well zu Lalleng hu mer wierklech elo vill Plaz. Do hu mer jo am September déi nei Raimlechkeeten opge-maach wou en attendant d'Maison Relais war. Déi ass elo och fäerdegt. Dat heescht d'Kanner ginn an d'Maison Relais iessen an dat alles gëtt Schoulraum fir déi Kan-ner wann elo hei déi Säll zou sinn. Mir hu wierklech do dee mannte Plazmangel zu Lalleng. Mir hunn dat awer och bewosst gemaach, well do ganz vill nei Awunner op Esch komm sinn, sief et am Pudel, sief et Giorgetti, sief et déi ganz Quartiere wou vill Awunner sinn.

Elo ass de Rideau zou, elo sinn ech fäerdegt.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Gutt. Merci dann och fir dës Explika-tioun. Da kënne mer zur Ofstëmmung vum Devis kommen.“

#### *Conseillers présents:*

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le devis au montant de 1.809.744,69 € pour la rénovation de l'Ecole de Lallange.*

## **5. Economie solidaire: Présentation de la convention avec la société CO-LABOR dans le cadre du projet „Valobois“ et décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Gutt, mir kéimen elo zu zwee Punkte wou eis Sozialschäffin dozou schwätzt. Dat ass zum engem de Punkt 5, Econo-mie solidaire. An zwar eng Konventioun mat CO-LABOR an dat nächst gëtt dann den Office social énner Punkt 6.“

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Merci. Dir hutt an Ärem Dossier déi nei Konven-tioun vun 2012 leie déi mer mat CO-LABOR hunn. Dee Projet huet 2007 uge-faangen. Et ass esou, datt déi all Joer vun eis 50.000 € kréien. A fir just ganz kuerz ze soe firwat datt mer déi Konventioun mat hinne gemaach hunn. Dat war am Kader vun der Economie solidaire si och ze énnerstëtze fir dee Projet am Bësch do

uewen. Ech denken, datt eng ganz Rei Leit vun lech do ware wou déi nei Hal agewiit ginn ass op der Gläicht, wou d'Holz stockéiert gëtt. Dat war virun annerhallwem Joer, zwee Joer, wou dat agewiit ginn ass. Si ginn Holz an de Bësch sammele wat herno als Brennholz verwäert gëtt a jiddwereen huet héchst-wahrscheinlech och schonn, virun allem am Cactus, déi grouss Säck gesi wou een da kann do akafen. Si kréie wéi gesot 50.000 € an an dem Bilan vun 2011, dee mer och all Kéiers bei hinne froen, deele se eis mat, datt am Kader fir déi Chômeu-ren déi allegueren hei vun Esch kommen an hei am Arbeitsamt natierlech dann och ageschriwwen sinn, datt déi Leit déi bei hinne sinn, 1.455 Stonne geschafft a Formatioun kritt hunn. Si schreiwen awer och, oder hunn eng Entrevue ugefrot, déi mer souwisou mat all deene Projete wölle maachen. Mir sinn amgaangen déi éischt Gespréicher ze féieren. Dat eent ass mam CIGL zesummen, hei mat CO-LABOR, ze kucke si mer nach um richtege Wee. Wat kënne mer eventuell zousätzlech ubidden am Kader och ebe vun deem grousse Chômage dee mer hei zu Esch hunn? Eis mat hinne zesummen ze setzen och a fir iwwert déi Saachen ze diskutéieren. Si hunn och 2011 méi ... Stären produzéiert?“

**Schäffin Henri Hinterscheid (LSAP):** „Jo, Stären. Eng Stär ass eng hallef Kouert.“

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Also Kouert, esou ass den Numm, eng Kouert. 33 méi Kouerten dann – fir dat dann op lëtzebuergesch ze soen – méi Kouert gemaach wéi 2010. Si maachen dat an énnerschiddlechste Gréissten. Dir hutt gesinn, datt se relativ grousse Stock hunn. Ech wéll elo net am Detail drop agoen, et ass hei beschriwwen an et geet drëm eben ze kucken och fir an Zukunft Piste mat hinnen ze entwéckelen, a wéi enge Beräicher een eventuell nach kéint zesumme schaffen. Si hunn 2011 mat 7 Persounen geschafft. Formatioun gemaach an der Handhabung vu Maschinnen a Brennholzhierstellungen. Si konnte selwer elo och scho Leit fest astellen an 11 Leit vun Esch konnten an dësem Projet zum Deel souguer eng dauerhaft Perspektiv um Aarbeitsmaart fannen. Ech géif lech bidden där Konventioun zouzestëm-men.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote.“

### Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société coopérative CO-LABOR.

Soll ech direkt op d'Konventioun och  
iwwergoen?"

I'Office social de la ville d'Esch-sur-  
Alzette.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Jo.“

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Ass net  
vill dozou ze soen. Et ass d'Konventioun  
vun 2012 déi mer hei stëmmme mussen,  
déi mat dem Office social a mat dem  
Ministère gemaach ginn ass, op Grond  
elo mol vun engem provisoreshé Bud-  
get. Dat gëtt jo kontrolléiert an evaluéiert  
an der Mëtt an um Enn vum Joer, an do  
géif ech lech dann och bieden deem zou-  
zestëmmen.“

Vläicht just fir d'Zomm awer ze nennen,  
trotzdem. Do fale fir d'Participatioun um  
Office social fir de Ministère de la Famille  
791.791,20 € un a genau déiselwecht  
Zomm och fir eis als Gemeng.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Au vote.“

### 7. Subventionnement des activités culturelles organisées par la Kulturfabrik asbl: présentation de la convention entre la Ville d'Esch, l'Etat et la Kulturfabrik asbl, et décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Sou, d'Punkte 7 an 8 wäerte presen-  
téiert gi vun eisem Kulturschäffen. Zum  
engen ass et d'Énnerstëtzung vun eiser  
Kulturfabrik an zum aneren e Reglement  
wat d'Bibliothéik ubelaangt. Här Tonnar,  
Dir hutt dann d'Wuert.“

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo,  
Merci. Wat d'Konventioun ugeet, do  
wësst Dir dass mer scho joerlaang eng  
Konventioun zu dräi hunn tëschent dem  
Lëtzebuerger Stat, der Escher Gemeng an  
der Asbl Kulturfabrik. Et ass déiselwecht  
wéi all Joer. Dat heescht et gëtt bestëmmt  
wat d'Escher Gemeng an de Stat der Kul-  
turfabrik ginn. Dir gesitt, dass déi Zuel  
elo iwwer 500.000 € ass wat d'Escher  
Gemeng investéiert. Mä ech wollt awer  
mol eng Kéier profitéiere fir hei der Kul-  
turfabrik e ganz grosse Merci ze soen,  
wat am Fong net oft geschitt, mä ech  
wëll relevéieren déi formidabel Aarbecht  
an ech zitéieren hei de Serge Basso stell-  
vertriedend fir seng ganz Equipe, wat eng  
kleng Equipe ass, mä déi awer eng enorm  
gutt a wichteg Aarbecht mécht. Ech  
hunn e puer Ziffere kritt déi ech lech  
wollt ginn. Zum Beispill fir 2011, déi si  
ganz nei, wéi vill Leit d'Kulturfabrik be-  
sicht hunn. Dat waren der 29.153. Dat  
heescht, dass bal all Escher, wann ee se  
géif esou huelen, déi an engem Joer  
eemol an der Kulturfabrik waren. Dovun-  
ner sinn der 24.500 déi op déi verschidde  
Manifestatiounen waren an de Rescht  
4.500 déi am Kinosch waren, respektiv  
während dem Festival vum Film italien. E  
puer Zifferen nach, d'Co-Produktioune  
waren 3 Theaterstécker, déi 8 Represen-  
tatiounen haten an der Kulturfabrik. Och  
3 Co-Produktioune déi ausserhalb vun  
de Mauere vun der Kufa waren. Et ware 4  
Theaterstécker, 4 Konferenzen, 55 Con-  
certe vu Musique amplifiée, 18 Concerte  
Musique du monde, 11 Soirées Littératu-  
re/Poésie, 9 Festival vun allen Zorten. Ech  
zitéieren nach eng Kéier de Festival vum  
Film italien oder vum Flamenco oder  
Afrika, 8 Ausstellungen, 11 Séances péda-  
gogiques, 11 Workshopen. A wat natier-  
lech der Escher Gemeng ganz gutt gefält,  
eis allegueren, dat ass déi ganz gutt  
Zesummenarbecht, ech muss déi émmer

### Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la décision de l'office social d'allouer une indemnité variable au sieur Patrick Cannivé avec effet au 1<sup>er</sup> janvier 2012. L'indemnité est calculée mensuellement sur la base d'une déclaration des heures de travail effectivement prestées et correspondant à 1/173 du traitement barémique que le sieur Patrick Cannivé perçoit en sa fonction de receveur de la Ville d'Esch-sur-Alzette.

### Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la convention signée entre l'Etat, la Ville d'Esch-sur-Alzette et

## 7. Subventionnement des activités culturelles organisées par la Kulturfabrik asbl

erëm ervirhiewen, téschent der Kulturfabrik an all deenen aneren Kulturhaiser wéi se de Moment ginn, sief et den Theater, sief et de Musée de la Résistance, sief et d'Bibliothéik oder och de Conservatoire. Déis Aarbecht ass de Moment exzellent téschent all eise Kulturhaiser.

An ech profitéieren dann och fir eng éische Kéier en Appel ze maachen. De 26. Mee, dat ass Samschdes Owes, do feiert jo eisen Escher Theater 50 Joer, op den Dag genee, an deen Owend maache mer eng Nuit des cultures wou an all eise Kulturhaiser eppes lass ass, iwwert d'Rockhal, iwwert all eis aner Haiser hei vun Esch, wou e Bus fier, wou eng Navette geet vun engem zum aneren a wou ech lech onbedéngt géif bidden deen Datum ze verhalen. Well dat soll eppes si wat mer duerno wëlle weider féieren, wat vläicht duerno och am ganze Land ka weidergefouert ginn. Dat muss ee gesinn. Mä haalt lech deen Datum vum 26. Mee. Ech géif lech bidden déi Konventioun ze stëmmen, well déi Suen do si wierklech ganz gutt ugueluecht a mer soen nach eng Kéier der ganzer Equipe e grousse Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Déis Häre Baum a Kox hu sech scho gemellt. Här Baum.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Am Fong kann een dat just énnerschreive wat den Här Tonnar virdru gesot huet, datt d'Kulturfabrik eng ganz wichteg Roll spillt, an der Escher Kulturlandschaft an dat och op eng émmer méi professionell Aart a Weis. Ech hu just eng Fro wat d'Konventioun betrëfft, déi ass jo am Fong opgebaut wéi eng Bipartite. Dat heescht, de Staat gëtt eppes an d'Gemeng gétt eppes. An der Vergaangenheet ass et jo scho mol dozou komm, datt déi eng Kéier de Stat e bësseen hannendra war, wat de Finanzement ugaangen ass, an an der Konventioun gétt awer elo nach émmer eng liicht Differenz téschent deem wat de Stat gëtt u Montant an un deem wat d'Gemeng gëtt. Wouhier déi Differenz kënnt, géif mech interesséieren?“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Baum. Den Här Kox.“

**Martin Kox (déi gréng):** „Merci, Madame Buergermeeschter, ech wollt och ganz kuerz am Numm vun deene Grénggen déi Konventioun énnerstëtzen. Générell leeft et ganz gutt. Et ass net némmen d'Meuning vun de Leit, vun de fùhrende Leit vun der Kulturfabrik, sondern allgemeng ass et positiv, huet och de Kulturschäffendat och nach eng Kéier gesot.

Zweetens, d'Erhéijung vun deem Budget deen och elo hei ugesprach ginn ass. Ech mengen et helleft eng éischtmoeg Oppbesserung vun hire Salairen. Ech mengen, dat ass och eppes wat een och muss betounen. Ech mengen d'Salairen an der Kulturfabrik sinn niddreg, vill méi niddreg wéi déi vun aner Kulturstätte vum Land. Dann en drëtte Punkt vläicht, d'Erhéijung an deem Senn ännert elo och näischt un der Marge vun der Programmatioun. Vill bleift Dir d'Programmgestaltung net iwwreg. Ech mengen doduerch komme vill Onkäschten, déi lafend Onkäschten op d'Kulturfabrik zou, zum Beispill déi man-gelnd Isolatioun vun de Gebaier, fir némmen déi ze nennen. Ech menge si hunn elo en neit Green- an Energiekonzept ausgeschafft an ech mengen, et ass sécherlech och un der Gemeng fir duerno ze suergen an den nächste Joeren och e Budget mat eranzehuele fir déi Gebaier ze sanéieren an och ze isoléieren. Ech mengen doduerch bleift natierlech da méi Geld och iwwreg fir d'Programmatioun besser nach ze gestalten. Ech mengen och vun eis aus e grousst Luef fir de Serge Basso a seng Equip. Ech mengen, dat ass schonn eng Kéier erausgestrach ginn, ech wëll et och nach eng Kéier eraussträichen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Kox. Den Här Maroldt.“

**Frunnes Maroldt (CSV):** „Ech menge mir sinn eis natierlech alleguerete bewosst wann dat Gebai sanéiert gëtt, dass dann wat d'Isolatioun ubelaangt, sech d'Frost stellt wéi wäit dass déi Bausubstanz, d'original Bausubstanz erhale bleift. Well wann een de Vitrage vum Haastraum, u modern Critères upasst mat dräiglaséig Fénsteren équipéiert, also an deem Moment zerstéiert een de ganze Cachet vun deem Gebai. Wat natierlech ass, et muss een de Leit och déi do an an ausginn vläicht bääbréngen, dass de Raum net onbedéngt muss op eng 20 oder 30 Grad gehéutzt do ginn, an dass dat Gebai, wann een dohinner soll goen, aus Respekt och vum Cachet an der Historie vun deem Gebai, dass ee sech da vläicht méi waarm soll undoen. Dat ass och eng Méglechkeet.

Par contre, als och een dee vun Ufank un dobäi ass wéi déi éischt Konventioun gemaach gi sinn, also mir waren eis émmer bewosst deemoos och am Schäfferrot, vun der Précaritéit vun deem Projet well eben all déi Leit hu praktesch als hallef Benevolen do geschafft an zwar fir en absolute Minimum. An ech géif och soen, d'Escher Gemeng an all déi Schäfferéit déi do waren, déi hunn émmer Suerg

gedroe fir hinne Saachen ze erméiglechen, fir dass se konnte mat deene Moyenen déi se haten, dass se liewe konnten. A wéi gesot, ech mengen déi kleng Divergenzen, wann een elo just budgetär kuckt, ob elo d'Participatioun vum Stat méi oder manner waren, do sinn et des öfteren Ajustementer ginn, dat huet sech awer émmer – mir hunn dat jo awer iwwert déi Joeren suivéiert – dat huet sech émmer regelméisseg dann agependelt, och wann do mol e klenge Retard war.

Wat ech awer och nach wollt hei soen, wat ech begréissen déi leschten Zäit, dat ass d'Interaktivitéit, net némme vun der Kulturfabrik mä och vun eisem Escher Theater. Dat heescht, dass se amgaang si sech no baussen ze öffnen. Dat heescht, dass et net e klenge kadrierte Public deen ugepeilt gëtt, mä déi Aarbecht déi se och mat de Schoule maachen: Mer haten elo viru kuerzem zwee ganz interessant Spektakelen, wou duerno de Suivi an der Kulturfabrik gemaach ginn ass a Workshopen, an Ateliere fir Studenten, wat ech einfach begréissen. Dat ass dee Wee deen ee soll goen, fir dass déi Kulturtempelen, fréier ass jo émmer vu Kulturtempelen geschwat ginn, dass déi sech öffnen an eben och eng nei Clientèle erun zichten. An dat fannen ech enorm wichtig, well wa mer en Theater hunn oder mir hunn eng Kulturfabrik, an et geet keen dohinner, dann ass et net derwàert, dass mer an déi Richtung do weider ginn.

Dat gesot, also och fir mech, u sech wollt ech näischt soen, mä well eben déi eng oder aner Reflexioun hei am Raum elo stoung, wëll ech awer och soen, dass mer vu menger Fraktioun aus des Propositioun selbstverständliche énnerstëtzen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Maroldt. Här Tonnar, wëll Dir nach doropper äntwerwen?“

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, ech wollt och notamment dem Här Baum iwwert dee finanzielle Problem äntwerwen, mä ech wollt mol fir d'éischt allgemeng jiddwerengem Merci soen hei fir deen Accord. Ech menge mir hunn hei eng Unanimitéit an et kann och net anescht sinn. Et ass ganz richteg wat den Här Maroldt an den Här Kox gesot hunn. Ech hu bewosst net dovu geschwat, mä et ass ganz kloer, dass déi Peien déi do bezuelt ginn, dass do vill Leit sech missten e Beispill huele fir déi vill Stonnen déi déi opferen an do schaffen, énner ganz minimale Peien a Konditiounen. Sie dat vum Direkter bis zu jiddwerengem an duerfir kënnt och déi kleng Augmentatioun. Et war émmer 500.000 a mer hunn déci-

déiert, dass mer géifen 36.000 € méi ginn. A mir hu fir 2011 18.000 ginn an do kénnt den Énnerscheid, ech äntweren duerfir dem Här Baum direkt op seng Fro vun deem Énnerscheid. Dir gesitt, et sinn 18 oder 19.000 € Énnerscheid an da vun 2013/2014 u si mer um selwechte Level. Dat heescht do bezilt da jiddvereen dat-selwecht. Do gesitt Dir da sinn nach 10.000 € Énnerscheid, Här Baum. Déi kommen, well de Stat déi Revu littéraire Transkritt mat 10.000 € finanzéiert. Dat ass den Énnerscheid vun deenen 10.000 € an dann ass de Montant kloer. Well et war émmer vum Stat aus d'Suerg, dass jiddweree soll 50/50 bezuelen, wat och gemaach gëtt, a wou stänneg Reuniounen sinn a wou mer iwwert déi Konventioune do diskutéieren.

Ech wollt awer och dem Här Maroldt nach eng Kéier soen, et ass ganz richteg déi Aktivitéiten, mir sinn zénter Joeren amgaang, dass mer welle Jonker an den Theater kréien. A mer haten elo d'Anne Frank, mer hunn d'nächst Woch oder nächste Mount d'Physiker. Mer versichen émmer an der Programmskommissioune ze kucke mat den Direktore vun de verschidde Lycéeën, dass mer een oder deen anere Spektakel hunn dee mat Deuxième oder Première am Programm steet, dass mer do eng Connivence kenne schaffen. Et ass awer och esou, ech hunn d'éinescht vum 26. Mee, de But vun deem 26. Mee ass, dass mer nei Clientèle kenne vläicht an den Theater kréien, déi an eng Rockhal ginn an déi vläicht och mol an de Conservatoire da fueren oder an den Theater. Mir si beméit zénter Joe-re mat dår do Aarbecht a mat esou Initiativen, ebe fir en neie Public unzespriechen. Ech soen lech op jidde Fall Merci fir der Kulturfabrik hir Énnerstétzung."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Mir soen lech och Merci a kéimen dann zur Ofstëmmung vum Subventionnement vun den Aktivitéite vun der Kulturfabrik.“

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité la convention entre l'Etat, la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'association Kulturfabrik asbl.*

**8. Bibliothèque municipale:  
nouveau règlement d'ordre  
interne: décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Punkt 8, d'Bibliothéik. Nach eng Kéier de Kulturschäffen.“

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, do wësst Dir, dass mer d'leschte Kéier men-gen ech déi nei Tariffer gestëmmt hunn. Dat heescht am Fong d'Gratuitéit, ausser wann ee seng Bicher net zeréck bréngt. Et ass elo e klengt Reglement ausge-schafft ginn énner wéi enge Konditiounen een e Buch oder en DVD ka léinen an d'Consultatioun iwwert den Internet. Et ass náischt extras, et ass eng Formalitéit. À moins dass een eng Fro hätt, géif ech lech bidden, dat Reglement ze stëm-men.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kéime mer direkt zur Ofstëmmung.“

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

*Le Conseil Communal arrête à l'unanimité le règlement d'ordre interne et le règlement du prêt de la bibliothèque municipale.*

**9. Parc animalier au  
„Galgebierg“: présentation de  
la convention avec un cabinet  
vétérinaire et décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Énner Punkt 9 geet et ém eng nei Kon-  
ventioun fir eise Parc animalier an do  
geet d'Wuert un eisen Espace vert Schäf-  
fen, den Här Huss.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Jo,  
dat ass am Fong ganz einfach. Et geet  
just drëm, mir hunn déi Déieren an eisem  
Déierepark uewen um Galgebierg, an de  
Problem ass deen, datt déi Déieren och  
musse gepfleegt a medezinesch versuerget  
ginn. An et geet also drëm, e Kontrakt  
mat engem Veterinär ze maachen, fir  
sech ém déi Déieren ze këmmeren. E  
Kontrakt mat engem Veterinärskabinet

steet do zum Vote. D'Fro, déi Dir vläicht  
kéint stellen, ass, firwat grad elo déi dote  
Leit an net anerer? Déi Fro hunn ech mat  
menge Servicer natierlech kläre gelooss,  
firwat datt dat esou ass. An d'Ursaach läit  
doranner, datt et wichtig ass hei, éisch-  
tens, datt dee Veterinär, deen et mécht,  
muss bereet sinn och mat deene ganz  
groussen Déieren – Dir wësst, datt mer  
grouss Déieren do uewe stoen hunn – mat  
esou Déieren émzegoen an och déi ze  
fleegen. Dat ass dat eent. Eng zweet  
Saach ass, datt se och musse bereet sinn,  
dat och de Weekend ze maachen, wann  
eppes virkënnt. An dat drëtt ass, datt se  
och musse bereet sinn, op Urgencen ze  
reagéieren. An do ass gekuckt ginn, wat  
fir eng Büroen do géifen a Fro kommen,  
a meng Servicer soen, datt dat déi do  
wieren, déi bereet wieren dat do ze maachen,  
an anerer wieren net bereet gewiescht,  
dat esou ze maachen. Dat ass d'Erklärung, déi ech vu menge Servicer  
kritt hunn. Dofir déi dote Propose.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Den Här Johanns.“

**Théid Johanns (Déi Lénk):** „Merci,  
Madame Buergermeeschter. Natierlech  
sinn ech averstane mat der medezine-  
scher Versuerung an Iwwerwaachung  
vun den Déieren am Geheg um Galge-  
bierg. Zemoools well déi Veterinärspraxis  
sech ganz gutt mat der Behandlung vum  
Groussvéih auskennt. Ech fannen et och  
ganz gutt, dass mer deen Déierepark  
hunn a behalen. Haapsächlech och Kan-  
ner kënnen do Déiere vun no gesi wou  
eis Béscher bevélkeren. Mä ech wollt  
awer elo heizou d'Geleeënheet och er-  
gräfen, fir op dee lamentabelen an onat-  
traktiven Zoustand vum Geheg hinzuwei-  
sen. Ech weess, dass Émbauarbechten  
ugefaangen hunn, mä iergendwéi geet et  
do net weider. Nei Clôturë leie scho säit  
bal 3 Joer an der Perch a missten eigent-  
lech just opgeriicht ginn. Et ass eng Plaz  
wou egal zu welcher Joereszäit immens  
vill Leit do ronderëm spazéiere ginn a  
wou et groussen Notzen hätt fir dee Park  
a sain Émfeld angenehm fir de Visiteur ze  
strukturéieren.  
Ech wollt dozou e puer konstruktiv Ideeë  
weiderginn. Visuell Langweilegekeet vun  
deenen ageperchte Fläche kéint ee mat  
Hélfel vun engem Landschaftsgestalter  
vill méi attraktiv maachen. Ech mengen  
d'Déieren hätten och guer náischt der-  
géint heiansdo op e klengen Hiwwel oder  
eng Muld ze klammen. Deemno wou de  
Visiteur steet, gesäit hie vu lauter Gelän-  
nere keen Déier mer dohannert. Dat ass  
haapsächlech bei de Volièren de Fall,  
wou onbedéngt e kreative Relook brauch.“

## 9. Parc animalier au „Galgebierg“

Ech muss scho soen, datt dat Gefligel a sengem jétzegen Ëmfeld mer richteg leed deet. Bei de Clôturë kéint een Amündunge maache wou an U-Form zwee Meter oder méi an d'Perch eraginn, a wou d'Gelänner just kéint déi Héicht hunn, dass ee kann driwwer gesinn. Domat kéinten d'Kanner och mol en Déier vläicht upaken. Zum Schutz vun den Déieren an och vun abenteuerlustege Leit kéint dat Gelänner Owes eropgeklapp ginn, esou dass keen op d'Idee kéim do eranzeklammen. Och missten Info-Schölder erëm opgestallt gi wou Informatiounen zum Bestand ze fanne wären.

Dir hutt am Koalitiounsofkommen vun der Integratioun vum Déierepark an d'Waldschoulkonzept geschwät. Ech huefen un, dass dat sozial-pädagogesch geomengt ass. An deem Kontext kéint een och vis-à-vis vum Déieregeesch, wou fréier d'Päerde stall waren, e grosse Gaart mat Héllef vun de Kanner bedreiwe wou Uebst a Geméis kéint ugeplantz ginn. D'Plaz wär jo do genuch. D'Kanner selwer kéinte beim Usetzen an der Récolte héllefen, esou kéinte se verfollege wéi d'Planze wuessen. De Respekt virun Uebst a Geméis wär domat éischter garantéiert. Wahrscheinlech sinn an de leschte Joeren esou Rapproche schonn theoretesch um Pabeier oder licht praktesch presentéiert ginn, mä ech mengen an der realer Praxis leeft do net vill, a wann, dann extrem diskret. Oder déi Projete si vun esou kuerzer Dauer, datt se keng Chance kréien ze gräifen. Déi Planze wou an däri besoter Plantatioun do wuessen, kéinten un d'Déieren am Geheg verfiddert ginn. Op jidde Fall géifen d'Kanner domat mierken, datt se eppes Positives fir hir Déiere gemaach hunn. Esou géif et hinne bewosst ginn, datt déi lesswueren e gesond Geschenk vun der Natur sinn. Awer némme wann d'industriell Verschmotzung dat och zouléist. Mä dorriwwer schwätzte mer jo scho laang net méi. Ech mengen zwar, dass den Här Hansen doropper herno e bëssen ageet. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Zwally. Den Här Zwally.“

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Numm vun der CSV eisen Accord heizou ginn. Déi Froen déi mer wollte stellen, hu mer deelweis scho vum zoustännege Schäffen d'Äntwert kritt. Eis Fro war natierlech och déi, firwat dass keng Escher Veterinären an dës Konventioun mat eragaange sinn. Et wier u sech méi praktesch gewiescht wann s de Leit hues déi am Escher Territoire oder op d'mannst op eisem Territoire wunnen, den Interesse

gewisen hätt fir fir eis och um Niveau vun deem Éffentlechen eppes ze maachen. D'Attraktivitéit esou wéi se ugeschwät gëtt, ech mengen dat ass eng Fro vum Goût. Et ass richteg wat hei gesot ginn ass, dass natierlech am Koalitiounsaccord steet fir et méi attraktiv ze maachen. Educativ Zwecker soll erfëllen. An domatter verbonnen dann och versichen eng aner Organisatiounsform ze fannen. Mir sinn der Meenung, dass een dat selbstverständliche kann nach weider entwéckelen, dass een dat net eleng um Niveau vun eis soll gesinn. Mir hu jo och um Niveau vun deene Leit déi am City-Tourist schaffen, respektiv och um regionale Gedanken iwwert d'Grenzen eraus hei engagéiert sinn an eis Fuerderung, respektiv eis Suggestioun geet och an deen dote Beräich eran, fir deene Leit déi am GECT mat schaffen, respektiv um regionale Gedanke mat wëlle schaffen, op dee Wee ze goe fir dat mat an hir Gremien ze huelen an eise Park dee mer do uewen hunn, net eleng och elo wat eisen Deel do ubelaangt mat den Déieren, mä och allgemeng de Galgebierg mat ze promovéieren. An dat wier u sech eis Suggestioun déi mir géife maache fir an Zukunft op de Wee ze goe fir dat Ganzt méi attraktiv ze maachen. An deem Senn wäerte mir dann och als CSV dës Konventioun mat stëmmen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Zwally. Et si soss keng Wuertmeldung méi do. Da géing ech propoiséieren, dass den Här Huss op déi puer Froen nach äntwære kann.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):**  
„Vläicht fir hinnen unzefänke mam Här Zwally. Ech hunn déi Erklärung jo scho gi firwat. Also natierlech géif ee fir d'éischt kucke fir en Escher Veterinär ze fannen, oder eng Veterinärin ze fannen, et ass kloer. Mä de Problem ass, et ass gefrot gi vun eise Servicer, an d'Konditiounen müssen awer déi sinn, dass durablement iwwer d'ganz Woch ee bereet ass anzespriangen, fir Urgencen anzespriangen, an da bereet ass, noutfalls och déi grouss Déieren ze behandelen. Do hu mer awer kee fonnt an dofir dee Veterinärsbüro oder de Veterinärskabinet, deen zu Zolver oder Suessem ugesiddelt ass, déi bereet sinn dat ze maachen. Déi hunn och Erfahrung domat. Si sinn och bereet, et Sonndes ze maachen a fir Urgencen anzespriangen. Dat ass also déi Fro. Duerfir ass et also keen Escher.  
(Zwëscheruff)

Nee, et ass de Problem vun der Urgence a vum Weekend, fir et kloer an däitlech ze maachen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Nee, et ass einfach dass déi sech spezialiséieren op déi grouss Déieren an déi aner, ... jo.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Bon, fir déi aner Froen déi gestallt gi sinn oder d'Apporte vum Här Zwally an och vum Här Johanns, muss ech soen, dat si ganz konstruktiv a positiv Apporte gewiescht. Ech menge mir wësse selwer, datt den Zoustand vum Déierepark muss verbesert ginn, datt e muss méi attraktiv gemaach ginn. Et ass och den Aspekt dobäi, fir am Senn vun enger Sozialpädagogik och Kanner domatter méi mat Déieren a Kontakt kommen, och mat Planzen, mat Geméis, mat Uebst an esou virun. Ech mengen et ass ganz kloer. Dat sinn och Projeten, déi net némmen am Koalitiounsprogramm stinn, mä déi och an den zoustännege Kommissione schonn ugefaange gi sinn ze diskutéieren. Zum Beispill wat den Ubau vun Uebst a Geméis ubelaangt. An deene Kommissionen, wou ech Responsabel sinn, sinn do éischt Gedankenaustausch gemaach ginn, fir beispillsweis erëm méi Bongerte op d'Stadgebitt ze kréien, fir Bio-Uebst a Bio-Geméis unzebauen. A mer sinn an den Diskussiounen an an de Planungen do derbäi. An ech mengen, datt dat, wat Dir elo hei gesot hutt, datt dat vun der Orientéierung hir genau deem entsprécht, wat mer wëlles hunn ze maachen. A loosst lech iwweraschen, ech mengen, dat wäert an den nächste Méint schonn an engem färdege Konzept endegen, deen da soll émgesat ginn.“

Wat déi Fro ubelaangt vum Déierepark selwer, méi präzis, ass et esou, datt mer plangen, eng Rei vun noutwennige Reparaturen, déi Dir och ugeschwät hutt, esou schnell wéi méiglech an den nächste Méint ze maachen. An zwar – dofir ass och e Budgetsposte virgesinn – an zwar ass et esou, datt Enn dëses Joer oder am Hierscht vun dësem Joer, mer de 50. Anniversaire vun deem Déierepark uewen um Galgebierg feieren. An et ass natierlech ganz kloer, datt mer wëlle versichen, eng Rei vun noutwennigen Aarbechten, fir et erëm a Stand ze setzen, datt déi solle gemaach ginn an et soll och fir deen Anniversaire – mir hunn den Datum elo nach net genau festgeluecht, mä am Hierscht – fir deen Anniversaire soll och e färdegt Konzept virleie fir ze kucken, wéi insgesamt deen Déierepark uewe mat der Waldschoul a mat der Problematik insgesamt ka verzahnt a vernetzt a méi attraktiv gestallt ginn. Do kann een duerhaus och der Meenung sinn, datt ee soll kucken am Kader mat anere Südgemengen, am Kader vum City-Tourist Office an esou

virun, datt een esou Leit ka roueg mat an den Developpement vun deem Konzept mat abannen. Vun eis ass d'Bereetschaft op jidde Fall absolut do fir dat ze maachen, an eischt Aarbechte an noutwenneg Reparature wäerten nach am Fréijoer elo gemaach ginn. An am Hierscht, wa mer dee 50. Anniversaire feieren, da läit e fäerdeg Konzept vir, wou mer an de berodende Kommissioune natierlech och all Ideeën gär huelen, och vun der Oppositioun, a ganz gär bereet sinn all Ideeën opzehuelen, déi an déi dote Richtung ginn."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Huss. Kéinte mer dann zur Ofstëmmung vun déser Konventioun kommen?“

*Conseillers présents:*

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.  
Frunes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –  
Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –  
M. Paul Weidig – M. André Zwally  
Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité la convention signée entre  
la Ville d'Esch-sur-Alzette et le cabinet  
de vétérinaires Felten / Kettel de Soleuvre.

**10. Antenne collective:  
adaptation des taxes suite à une  
modification du taux des droits  
d'auteurs; décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Da Punkt 10, Antenne collective, do prezentéiert eise Ressortschäffen eng Modifikatioun.“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
„Merci, Madame Buergermeeschter. Mer sinn hei mat enger technescher Modifikatioun vun der Taxe vun eiser Antenne collective konfrontéiert. Et gëtt eng Konvention téschent der CLT-UFA an der Stad Esch, wat d'Retransmissioun vun de Programmer, vun Televisiounsprogrammer iwwert d'Reseauen ugeet. Déi Konvention gesäit vir, dass do zwee Elementer dra sinn an dat wat eis mat däer Konvention virun allem concernéiert, dat ass d'Droits d'auteurs. Dir wësst, dass op all Buch, op all Oeuvre d'art, op all kënschtersch Element mussen Droits d'auteurs bezuelt ginn. Esou ass dat och op den Retransmissiounen vun de Fernsehspro-

grammer. Et ass elo esou, dass déi Konventioun virgesäit, dass de Volet Droits d'auteurs, dass deen indexéiert ass, an dass deen domat och fir 2012 an d'Luucht geet. An all déi Joeren duerno och.

Fir net émmer déi Diskussioun ze hu wat mat deenen Droits d'auteurs déi mir eigentlech némme refacturéieren an herno weiderleeden, proposéiere mer lech d'Antennentaxe an d'Zukunft ze splécken, dass deen Deel deen Taxe ass, deen domat och net TVA-pflichteg ass, deen an der Souveränitéit vum Escher Conseil läit fir ze adaptéieren, dass mer dee splécken, an dass mer d'Droits d'auteurs lassléisen dovun an déi eigentlech tel quel refacturéieren. Dat gëtt elo eng minimal Augmentatioun. Wa mer dat net géinge maachen, géing natierlech dat wat Rescht bleift fir eis, fir den Entretien vun eisem Reseau, géing lues a lues méi kleng ginn. A well mer do awer wëllen de Reseau en tant que tel, do wëllen eleng Décideur si wat mer domat wëlle maachen, proposéiere mer lech dann d'Taxe ze splécken an Zukunft an zwee Elementer. Taxe d'antenne an Droits d'auteurs.

De Moment hu mer eng Taxe d'antenne déi op 12 € läit de Mount fir de Particulier a fir Institutiounen op 29 €. Wa mer elo dat émrechnen, da geet se liicht an d'Luucht, da geet se ém 0,8 € fir dést Joer an d'Luucht an all déi Joeren duerno progressiv wéi den Index oder wéi de Käschtenindex evoluert, geet dat dann och an d'Luucht. Par conter eis Taxe déi bleift bei 7,25 € de Mount, esou dass elo fir dést Joer de globale Préis fir d'Utilisation vun der Antenne bei 12,883 € de Mount ass. Also d'Droit d'auteurs si 5,633 € de Mount plus 3% TVA.

An der Zukunft wäerte mer dann all Kéiers déi Droits d'auteurs tel quel weider refacturéieren an Exekutioun vun däer Konvention, an eis Antennentaxe déi kënn wéi an der Vergaangenheit, all Kéiers wann eppes sollt dru geännert ginn, an de Gemengerot eran.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Hinterscheid. Den Här Hansen huet sech gemellt an den Här Bernard. Den Här Hansen huet d'Wuert.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Jo, ech hu just eng kleng Fro. Wat ech elo héieren hunn d'Indexation vun den Droits d'auteurs, ginn déi och 2014 moduléiert da wéi déi aner Indexation? Well dat wier mol en interessant Konzept fir op de Wee ze bréngen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Hansen. Dann den Här Bernard an duerno den Här Baum.“

**Zénon Bernard (KPL):** „Jo, Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass effektiv eng pertinent Fro déi den Här Hansen elo hei gestallt huet mat der Indexéierung, vu dass d'Leit jo déi Grausamkeet gewuer gi sinn, dass hiren Index elo blockéiert gëtt an déi aner Saache weider indexéiert ginn. Dat beweist natierlech erëm e Verloscht u Kafkraft wann dat sech cumuléiert esou Saachen.“

Dat wat ech wëll soen haapsächlech ass, dass et mer opgefall ass, an den zoustânege Schäffen huet et elo erwähnt, dass déi Droits d'auteurs zimlech kräfteg gehéicht gi sinn. Wann ech mech net verrechent hunn, da läit dat téscht 15 an 20% Erhéijung. A wann ee weess wéi grouss d'Konkurrenz um Maart ass fir esou Abonnementer ze kréien, respektiv ze behalen, da muss een natierlech wëssen, dass een, oder zumindest mat akalkuéieren, dass ee Clienten, esou kann een et jo nennen, verléiert duerch esou Saachen. An ech mengen, dat wär de Moment net opportun an duerfir stëmmen ech dat do net.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Bernard. Den Här Baum.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Jo, dem Här Hansen seng Fro war effektiv ganz pertinent. Mir sollen hei eppes stëmmé wat bis 2017 geet an indexéiert ass. Dat heescht, wou sech am Fong d'Inflatioun och selwer erëmspiggelt an erëm mat undreift, well et sinn déi berühmte Prix administrés, d'Taxen. An datt et do eng automatesch Erhéijung gëtt, déi gebonnen ass un d'Inflatioun schéngt eis relativ widdersënneg als Modell an duerfir wäerte mer dat hei och net mat votéieren.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Baum. Den Här Schäffen äntwert dann dorop.“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
„Jo, Merci. Déi Fro vun der Modulatioun vun deem Index, dat ass effektiv eng interessant Fro, well mer schwätze jo émmer vun 2 Indexen. Mer schwätze vum regelrechte Käschtenindex an hei ass de Käschtenindex iwwert dee mer schwätzen an dat anert ass de Lounindex, wéi den Erfall vum Lounindex ass. Mä déi Fro ass pertinent. Wa soll am Wuerekuerf vum Lounindex moduléiert ginn, da stellt sech natierlech par la même logique déi selwecht Fro, ob déi net och moduléiert musse gi fir de Käschtenindex festzestellen. Bon, mir sinn hei an der Situatioun, dass mir déi Fro net këinne stellen, well dat esou an der Konvention ass. Esou

laang wéi déi zwou Saachen och parallel gelaf sinn, huet dat eigentlech kee Mënsch gestéiert. Et war dann ebe just émmer némmen de Retard vum Erfallsdatum vun der Lounindexadaptatioun. Dat war déi éiweg Diskussioun iwwert de Retard an eigentlech war dat anert an der Vergaangenheet keng.

Här Baum, hei si mer net an der Logik vun enger Taxe. Dat do ass keng Taxe. Dat do ass effektiv, dat do ass eng Prestatioun, d'Droits d'auteurs déi jiddwereen deen eng Oeuvre d'art oder eng Oeuvre intellectuelle consultéiert, muss bezuelen. Duerfir ass se och TVA-pflichteg. Et ass eng Prestatioun. Et ass net eng Taxe. Eis Taxe bleift nach wie vor net TVA-pflichteg. A wa mer dat do net maachen, verléiert eise Reseau iwwer kuerz oder laang u Substanz, well eis d'Investitiounsmëttle feelen an da riskéiere mer en anere Problem ze kréien. Mir hunn, dat konnt Dir novollzéien, an deene leschte Budgeten, immens vill och an den Entretien vun eisem Coaxialreseau investéiert, just fir konkurrenzfæg ze bleiwe mat eisen Offeren. An ech weess net ob dat Dokument wat ech a mengem Dossier hunn, och mat an Äre gerutscht ass. Wann Dir do gesitt wat fir eng Präisser dass mir notamment iwwert eise Coaxialreseau kënnen ubidde fir den Internetzougang och fir jiddwereen ze erméiglen an ze demokratiséieren, da si mer absolut kompetitiv par rapport zu allen aneren Operateuren. A wann Dir als Operateur, dee gréisssten dee mer jo hunn elo de Moment als Konkurrenz, potential Konkurrenz hunn, wat d'Post ass, mä déi stet genau an därselwechter Situatioun wat d'Droits d'auteurs ugeet wéi mir. Déi kommen och net do derlaantscht an esou ass wéinstens dëse Volet net konkurrenz-forcéierend. Wat éischter riskéiere konkurrenzforcéierend eng Kéier ze ginn, dat ass wa mer mat der héijer Qualitéit vun eisem Reseau net méi kënne mathalen an da verléieren eis Bierger net némme Service un den Antennen, mä da verléiere se och nach dee ganz favorabelen Accès zum Internet, deen eis och wichteg war, well dat ass déi nei Wéssensplattform. A wann een d'Fracture digitale, iwwert déi mer vill wëllen evitéieren an enger Gesellschaft, da muss mol den Accès dozou och demokratesch sinn. An ech mengen dat kënne mer iwwert deen do Wee och mat garantéieren."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, eisem Ressortschäffen. Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*  
*Le Conseil Communal approuve par 13 voix oui et 3 voix non les taxes communales pour l'antenne collective adaptées et refixées.*

*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Goetz, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig et Zwally. Ont voté non, les conseillers Baum, Bernard et Johanns.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Här Bernard, wëll Dir Är Abstentioun begrënnen?“

**Zénon Bernard (KPL):** „Ech hu mech enthalen, Madame Buergermeeschter, aus deem Grond well ech, wéi ech d'Chiffere gekuckt hunn, ass et mer opgefall, an dat ass elo kee Mësstraue vis-à-vis vun de Servicer deen ech elo soen, et ass eppes mer opgefall wat esou eng al Tradition och an der Stad Lëtzebuerg war: d'Ausgaben am Virfeld ze iwwerschätzen. Hei ass eng Iwwerschätzung vu ronn 14%, wat jo schonn notabel ass an ech hat déi Impressioun an ech ginn d'Gefill net lass, dass do d'Ausgaben iwwerschätzt ginn, gläichzäiteg ginn d'Einnamen énnerschätzt, da kréie mer rieseg Defiziter am Preview am dann erklären, doduerch misste mer d'Taxen erhéijen.“

Dat ass dat wat mer opgefall ass an duerfir hunn ech mech enthalen. Engersäits weess ech, dass déi Servicer consciencieux sinn an dat esou gutt en âme et conscience maachen, mä dat anert schéngt mer éischter eng politesch Décisioun ze sinn an duerfir enthalen ech mech.“

**11. Décomptes de l'exercice 2010 (travaux municipaux): décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Gutt. De Punkt 11, dat si wéi dat all Joer de Fall ass fir d'Virjoer, d'Décompté vum Exercice 2010 an dësem Fall déi vun eisen Travaux municipaux. Dir hutt all entspriechend Tabelle mat de Referenzen, mat de Voten déi geholl gi sinn, en Iwwerbléck souwuel wat d'Devisen ubelaangt wéi och wat d'Montanten ubelaangt, déi affektéiert gi sinn. An ech géing lech bieden dësem Décompte Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal approuve par 14 voix oui et 1 abstention les décomptes concernant les travaux et fournitures du département des travaux municipaux achevés pendant l'exercice 2010.*

*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Baum, Bofferding, Codello, Goetz, Hildgen, Kox, Maroldt, Weidig et Zwally. Le conseiller Bernard s'est abstenu.*

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
„Vu que dass ech och responsabel si fir d'Travauxen, wéilt ech awer eng Präzisioun ginn. Dat wat Dir sot stëmmt net, Här Bernard. Mir hunn Devise vun 8.865.299,38 an den Dépensé ass 8.724.084. Dat heescht, mir sinn énnert den Devise bliwwen, énnert de Schätzunge bliwwen, net iwwert de Schätzunge.“

**Zénon Bernard (KPL):** „Et ass jo dat wat ech gesot hunn.“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
„Nee, Dir hutt de Contraire gesot. Dir hutt gesot ...“

**Zénon Bernard (KPL):** „Ech hunn net de Contraire gesot, do hutt Dir mech falsch verstanen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Ech géing awer proposéieren, Här Bernard, dass Dir d'nächste Kéier eng Fro un de Schäfferot stellt, da kann een déi Diskussioun normal féieren a mer hätten lech souguer vläicht iwwerzeegt kritt an Dir hätt lech net missten enthalen.“

**Zénon Bernard (KPL):** „Vläicht.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Gutt. D'Diskussioun ass ofgeschloss. De Vote ass ofgeschloss.“

**12. Südstroum Sàrl & co secs:  
Poste de transformation  
HT/MT Ehlerange – ligne de  
crédit à approuver: décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Mir kéime bei de Punkt 12, Südstroum an do geet d'Wuert un den Här Huss.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Jo, et geet hei ém Folgendes: Haapsächlech duerch d'Universitéit an alleguer déi Gebailechkeeten, déi dohinner kommen, – ech soen haapsächlech doduercher – ass et esou, datt mer musse kucken eis Stroum-aspeisungsposten ze verstäerken. Dofir hu mer dee Punkt haut op den Or-dre du jour gesat. Dat muss an deenen nächste Joere gemaach ginn au fur et à mesure, datt, wann déi Gebailechkeeten alleguer do stinn, déi musse belicht ginn an esou vir-un, da brauche mer e besseren Aspeisungsposten, deen den Aspeisungsposten Éilereng soll sinn. Dee Projet hei ass e Projet, deen insgesamt eng ronn eppes iwwer 20 Mio kascht, wou et awer esou ass, datt d'Halschent dovunner fir d'Escher Gemeng ass. Déi aner Halschent ass fir Creos. Creos, déi och iwwert deen Aspeisungsposten do a Richtung Belval/Nord an a Richtung Industriezone wëll Stroum verkafen. Dat heescht eis Part, déi dat wäert kaschte bis 2015, wäerten 10,5 Mio sinn. Well awer Südstroum dat Kapital selwer net huet, well jo d'Escher Ge-meng Südstroum keen eegent Kapital ginn huet, musse se eng Ligne de crédit opmaachen, fir déi heiten Aarbechte kennen ze entaméieren. Dat ass näischt aussergewéinleches an deem Sënn, et ass am Fong just e Viruféiere vun enger Politik, wéi se bis elo war. Well bis elo hat Südstroum émmer scho Lignes de crédit déi mer hinnen opgemaach hu fir de Stroum anzakafen. De Stroum, dee mer jo viru verdeelen. Déi Lignes de crédit waren all Kéiers do, fir de Stroum anzakafen. Hei ass elo eng speziell Ligne de crédit némme fir déesen neie Verdeelungsposten ze schaffen, deen e ganz grousse Verdeelungsposte wäert ginn. Am Ufank hunn ech selwer gestaunt wéi ech dat am Dossier gesinn hunn. Dat gëtt herno e Gebai vu 40 m Längt, 15 m Breet a wou all Sécherheitsmoossnahme musse getraff ginn, dat muss dann alle Commodo-Sécuritéitsmoossname entspriechen, an dofir ass dat e Posten, dee ganz important wäert sinn. Mä mir kommen net derlaanscht, dat ze maachen, wa mer wëllen d'Stroumversuergung vum Site Belval, vun all deene grousse Gebaier, déi wäerte kommen, wa mer déi wëllen assuréieren. Dat ass also déi Ligne de crédit, déi mer fir Südstroum – et ass jo eis Gesellschaft – wëllen opmaache bei der Spuerkeess.

Firwat bei der Spuerkeess? Well et déi beschte Konditiounen sinn, déi mer konnte kréien. Dat ass dat, wat ech vu menge Servicer matgedeelt krut. An an deem Sënn géif ech proposéieren, däer Ligne de crédit hei zouzestëmmen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Huss. Dann d'Wuertmeldungen. Fir d'éischt den Här Weidig an dann den Här Baum.“

**Paul Weidig (LSAP):** „Jo, just zwee Wieder. Et ass selbstverständliche, dass mer dem Südstroum müssen eng Garantie ginn, well si selwer kee Patrimoine hunn. Et ass deemools décidéiert ginn an deem Contrat de concession, dass effektiv déi ganz Infrastrukturen am Besëtz vun der Gemeng bleiwen. Dat eenzept wat een eventuell kéint envisagéieren, dass mer eventuell an der nächster Zäit en Deel vum Boni deen de Südstroum mécht, kéint een dee loessen, esou dass se e klenge Fong hu fir dach eng Partie Investitiounen, eng Partie Projete selwer ze finanzéieren. Mä am Ablack si mer an däer Situations wou mer net derlaanscht kommen a wéi dat och elo gesot ginn ass, eng Garantie bancaire ze ginn, wat mer och gemaach hu fir Stroum ze kafen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Weidig. Den Här Baum an dann déi Hären Zwally a Bernard.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Et kann een am Fong dat just éännersträiche wat den Här Weidig elo just viru mir gesot huet. Ech mengen d'Tatsaach, datt mer émmer erëm müssen an de Gemengerot kommen a Lignes de crédit votéieren, ass eng quokeleg Situations fir eis an et ass och eng quokeleg Situations fir Südstroum. An d'Fro ass jo déi Ligne de crédit, a wéi wäit spiggelt se sech an eisem Budget erëm? Wat sinn d'Retombéen dovunner? Och dat mengen ech, misst ee sech iwwerleeën an iwwerleeën ob een net effektiv an Zukunft misst op de Wee goen, wéi den Här Weidig dat ugeduecht huet, fir en Deel vum Boni bei Südstroum ze loessen, respектив datt Südstroum domatter Investitiounen mécht déi eng Valeur hunn, déi se an deem Fall kann als Garantie presentéieren. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Baum. Den Här Zwally.“

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech denken, dass mir viru Joere schonnd déi Diskussioun hei haten an och émmer als CSV gefuerert

hu fir um Niveau vun däer Struktur déi mer gebaut hu wat de Südstroum ubelaangt, émmer dofir ze suerge fir iergendeen Deel op d'Säit ze leeën, finanziellen Deel op d'Säit ze leeën fir herno dann och déi Investissementer ze garantéieren. Well wann een op deen dote Wee geet, da brauch een dat och. Wann ee gäre wëll an d'Zukunft investéieren, da muss een eng Bourse kréie mat däer een da ka mëttel- a laangfristeg investéieren.

Mä fir eis ass och wichteg ze wëssen, dass dat doten um Niveau vun der Sécherheet an d'Zukunft e grousse Schratt wäert sinn, well am Private mierke mer dach oft wa mer um Niveau vun den Transformatore schwätzen, dass dat net evident ass. Do muss een émmer ganz gutt oppassen, dass een net d'Regelen hëlt vun deem minimale Prozess, mä déi soll ee schonn émmer an d'Zukunft denken an an deem Sënn ass dann och domatter op d'mannst dee ganze Site an dat wat drun hänkt, ofgeséchert. Well esou Transformatoren déi kënnen der ganz vill Misère maachen an dat si Situations déi een net wëll duerchliewen, well dann och ganz oft domatter verbonnen einfach keen Elektresch während Deeg an och während Woche kann abhanden kommen.

Et ass och gesot ginn, dass d'Recuperation gemaach gëtt vun deem alen. Dat këinne mer och begréissen. Et soll een och op de Wee goe fir an deem Sënn dofir ze suergen, dass een émmer eng Sécherheet och huet am Fall wou eppes géif geschéien an och domatter da verbonnen, fir ze kucken dass d'Garantie bleift, dass nach wie vor émmer d'Elektresch garantéiert bleift.

Dir hutt vun der Ligne de crédit geschwät. Fir eis ass dat och e bëssen den Emprunt caché deen do hannendru stécht. Mir hunn dat scho gemaach gehat. Ech denken un d'Nonnewisen déi do deelweis och iwwert de Wee vum Stat domatter garantéiert gi sinn. Am grousse Ganze wollt ech dann awer ofschléissend soen, dass mir dat heiten als en Invest an d'Zukunft gesinn a mer och der Meenung sinn, wat den Här Weidig hei gesot huet fir dem Südstroum d'Méiglechkeet ze ginn e Budget fir Investissementer kënnen an Zukunft ze maachen, ze éännerstëzen. An da wäert Dir och an deen doten Numm vun der CSV hei eisen Accord kréien.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Zwally. Den Här Bernard.“

**Zénon Bernard (KPL):** „Jo, Madame Buergermeeschter. Am Virfeld hat ech meng Bedenken am Zesummenhang mat däer Form vu Finanzement. Et ass och elo

ugeklunge vum Här Zwally, an do ginn ech him Recht. Mä déi Erklärungen an déi Virschléi haapsächlech vum Här Weidig déi ginn an déi richteg Richtung an ech mengen, elo en attendant dass déi Situations sech eventuell esou entwéckelt, ginn ech mäin Accord dozou."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Bernard. Ech menge mir hätten da soss keen agedroene Riedner méi. Dann äntwert den Här Huss doropper an da kenne mer zur Ofstëmmung kommen.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Jo, also just ganz kuerz. Ech si ganz frou, datt Dir bereet sidd, elo nach däri Ligne de crédit do zouzestëmmen. Déi ass wierklech absolut noutwenneg. Den Här Zwally huet et richteg gesot, et ass en Invest an d'Zukunft. Dat ass ganz kloer. An dem Här Weidig seng Suggestioun, déi och vun aner Riedner opgegraff ginn ass, ass eng Suggestioun, déi ech och scho mam Direkter vum Südstroum duerchgeschwat hunn, an ech mengen, datt och vu senger Säit aus schonn d'Beereetschaft do wier, an déi dote Richtung ze goen. Mol kucken, déi Suggestioun, déi elo vun alle Bänke komm sinn, déi allegueren an déiselwecht Richtung gaange sinn, kucke mer, wéi mer déi kenneën émsetzen. Da musse mer jo eventuell un der Relatioun zwésche Gemeng a Südstroum an den Texter eppes ännere goen. Vu mir aus ass prinzipiell gesinn do näisch dergéint anzuwendan, mer musse just da kucke wéi mer dat elo kenneën maachen. Am Prinzip sinn ech awer frou, datt Dir allegueren déi konstruktiv Virschléi gemaach hutt a bereet sidd, an dësem Moment elo nach dëser Kreditlinie hei zouzestëmmen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Schäffen. Au vote.“

*Conseillers présents:*

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théïd Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la ligne de crédit d'un montant de € 10.500.000,00 contractée par la société Südstroum sàrl & co*

*secs pour le financement d'un poste de transformation HT/MT à Ehlerange.*

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir kéimen dann elo zur Motioun vum Här Hansen. Dat ass dann also den neie Punkt 13, esou wéi mer dat agangs vun der Sëtzung ausgemaach haten. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Ech waarde bis se alleguerete färdeg sinn. Merci, Madame Buergermeeschtesch.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Ajo, wann ee selwer schwätzt da fällt et engem op wéi vill déi aner ronderëm schwätzen.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Jo. Mä dat ass gutt, dann ass d'Oppositioun e bësse méi kleng da bei dëser Motioun. Wat ech haut lech proposéieren, dat ass d'Earth Hour oder 60 Minutes pour la planète. Dat ass eng, a mengen Aen, eng ganz interessant an eng ganz wichteg Motioun oder en Evenement wou ech fannen, datt d'Gemeng Esch net soll verpassen. Wéi de Conseiller Johanns schonn ugedeit huet, huet jo d'Gemeng Esch och hir Fair part mat der industrieller Verschmotzung scho matgemaach an dës Actioun ass u sech en Zeechen dat ee setze soll fir d'Reduktioun vun de Gaz à effet de serre ze maachen. An elo keng Angscht, ech liesen lech och elo net alles vir wat ech opgeschriwwen hunn. Ech wéll lech just mol erklären, datt ech e klengen Dossier eraginn hu wou och e Beispill ass, wéi een et an enger Schoul kann applizéieren. Vu Leit, vu Kanner ènner 12 Joer a vun 12 – 16järegere wéi een dat an enger Schoul och kéint vermittelen.“

Elo zu der Weltauer, dat ass eng Initiativ vum WWF. Dat ass de World Wildlife Fund an déi 2005, wann ech mech net ieren, hu Reflexioune ugefaange wat kéint een iwwerhaapt maachen, wat fir eng Zeeche kéint ee setze fir d'Gaz à effet de serre zu reduzíieren. Do hate se eng Idee déi Dir och fir d'éischt zu Sydney 2007 émgesat ginn ass. Dat war u sech einfach den onnéidege Stroum fir eng Stonn auszeschalten. An d'Betounung läit op onnéidege Stroum. Elo brauch een och keng Angscht ze hunn, datt ee wann een elo doheem frësche Fësch an der Tiefkühltru leien huet, wann een do de Stecker eraus zitt. Oder Spidoler déi och mat maachen, déi hunn och elo net einfach den EKG ofgeschalt. Nee, et geet a sech némmen ém den onnéidege Stroum. Dat heesch d'Luuchten, alles

wat op Standby ass, fir eng Stonn auszeschalten.

Haut si mer - Här Wohlfarth, lauschtet no -“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Här Wohlfarth, Dir kënnt lech herno d'Wuert froen dozou.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Haut ass et esou, weltwäit hunn 2010 iwwer 126 Länner mat gemaach an iwwer 4.000 Gemengen an onzhäleg Entreprisen a Privathaushalter. Woufir ass et fir Esch esou wichtig? Ech fannen, Esch huet vill Efforten an der Nohaltekleet gemaach. Zum Beispill de Bus oder de Vélo oder wat d'Photovoltaik ugeet an dës Aktioun géif u sech den Engagement vun der Gemeng Esch weider énnersträichen. An ech menge no Fukushima an d'Proximitéit vu Cattenom, gëtt déi Aktioun och eng speziell Dimensioun. Elo frot Dir lech wéi et praktesch ausgesait. Do kann een iwwregens op Köln kucke goen, eis Partnerstad, déi deen Dag och, mengen ech, fir d'zweet mat mécht. Do si Stied, do mécht d'Gemeng zum Beispill schallt se einfach d'Luuchten aus. Da ginn nach Aktiounen gemaach, entweder mat Käerzelichter, Fakelzich wéi och émmer, an do sinn och normalerweis d'Restaurateuren an aner Betriber déi mat maachen. Wéi maachen déi mat? Candlelight dinners, akustesch Musek, ech mengen dat geet och an de kulturelle Beräich iwwer. Do gëtt et vill vill Spillraum wat een do maache kann.“

**Une voix:** „Kierperertaaschtungsspiller.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Genau.“

**Daniel Codello (LSAP):** „D'Gebuertsrat geet schrecklech an d'Luut.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir wäerte vill Wuertmeldungen herno kréien op Grond vun Ärer Motioun, Här Hansen.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Ech menge mat enger Stonn kenne mer och wahrscheinlech en Zeechen a Richtung Pensiousystem dann esou sëtzen, mat der Gebuerterat déi an d'Luucht geet wéi den Här Codello scho gesot huet. U sech wollt ech nach e puer Beispiller ginn. Wann Dir awer elo mengt, mir wiegen hei eleng an et géife keng weider grouss Stied et mat maachen. Fir d'CSV ass dat do elo wahrscheinlech méi interessant wéi fir mech. Le Christ Rédempteur de Rio de Janeiro, do hu se och d'Luuchten ausgeschalt fir eng Stonn.“

(Zwëscheruff)

Natierlech Strahlung, do si keng Gaz à effet de serre.

Den Eiffeltuerm, d'Pyramide vu Gizeh, d'Acropole, den Empire State Building an esou weider an esou fort.

An duerfir ass d'Idee u sech, datt mer dat als Gemeng och maachen. Do géif ech natierlech och dann en Appel un de Schäfferot maachen an un d'Madame Buergermeeschtesch, en Appel un d'Geschäftsleit, un eis Matbierger ze maache fir deen Dag matzemaachen. An hinnen dann och d'Responsabilitéit loosse déi ze organiséieren. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Villmools Merci, Här Hansen, fir dës luewenswäert Initiativ. Si Wuertmeldungen zu däri Motioun? Jo, d'Madame Hildgen.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Fir d'alleréischt wëll ech soen, datt dat eng gutt Initiativ ass déi den Här Hansen do opgegraff huet. Mä wann een den Dossier duerckkuckt, da gesät een, datt zum Beispill némme 4.000 Stied bis elo mat maachen. Dat fannen ech zum Beispill net vill. 4.000, steet ènne geschriwwen. Dat fannen ech elo net vill.“

Wat bréngt dat Ganzt? Dat ass eng gutt Fro. Mä dat si Saachen déi kann een eigentlech net bezifferen. Et kann een herno vläicht op de Compteure kucke wéi vill manner gebraucht ginn ass, wéi vill et awer elo bréngt fir den Environnement ze stäipen an ze stäerken, dat ass nach net bewiesen.

Et gëtt och geschwatt fir dat alles auszeschalte wat net néideg ass. Do froen ech mech, wat ass net néideg? Ech mengen, do muss ganz genee eng Opstellung gemaach ginn, wat een däarf ausschalten, wat net. Verschidde Saachen déi si vital. Esch däarf keng Geeschterstad ze ginn. Mir wësse schonn, datt et ganz wichteg ass, datt verschidde Points chauds hei ganz gutt beliicht sinn, ènnerbeliicht sinn. Net datt do verschidde Leit déi vläicht eng aner Meenung hu wéi mir, eng aner Opfaassung vu Sécuritéit, sech ophalen. Et ass och net, datt einfach däarf ausgeschalt ginn ouni datt d'Leit preveniéiert ginn. Well d'Leit géife sech jo froen, wat ass dann elo geschitt? Ass erëm eng Stroumpann?

Et gëtt och verschidde aner Méiglechkeete fir Elektresch ze spueren am éffentleche Raum an den Här Hansen huet et och schonn ugeschwatt. Dat ass zum Beispill d'Lüuchten ausmaachen, awer d'ganz Joer laang – net némmen eng Stonn – wou et guer net néideg ass. Ech denken zum Bei-

spill un d'Hétzen. Et si verschidden éffentlech Gebaier si komplett iwwerhëtz. Datt herno d'Leit ginn, si rappen d'Fénsteren op. Mir hunn, wann Dir duerch Esch gitt, duerch d'Uelzechstrooss, et ass Gott säi Dank keen extra kale Wanter, da si ganz vill Geschäftsleit déi maachen hir viischt Dieren op, hir Entréeën op, si hétzendobannen datt ee praktesch de Mantel muss ausdoen a wéi vill Hëtz an Energie duerch déi Dieren erausginn, dat geet natierlech och op hir Käschte kann ee soen, mä et geet indirekt op d'Käschte vun der Allgemengheet. A mir géifen et interessant fanne fir mol eng Kéier en Opruff ze maachen u verschidde Geschäftsleit fir ze soen, lauscht mol, 1-2 Grad erofteset dobannen, Är Geschäftster hétzen, dat bréngt esou vill vun Energiespueren an och u Käschte spuere fir lech.

Mir sinn amgaang ze iwwerleeën ob mer hei sollen derfir stëmmen oder net.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Mir kënnen lech némmen encouragéieren.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Mä et ass ze iwwerleeën a wann all déi Saachen déi ech elo virgeschloen hunn, wann déi géifen erkläert ginn a wann dat ganz genee géif opgestallt ginn, eng Opstellung wat iwwerhaapt hei zu Esch méiglech ass fir auszeschalten, ouni datt d'Sécherheet vun de Leit a Fro gestallt ass, da wiere mir ganz gär d'accord.“

Et ass jo nach net fir haut a fir muer an ech mengen et wier net vun der Hand ze weise fir ze soen, komm mir maache mol esou eng Opstellung. Mir soen dat an dat kënnne mer ausschalten, an dat wier even-tuell en Apport dee mir als Escher Gemeng kënnne bréngt fir den Environnement ze stäipen a fir dobaussen ze weisen, datt och mir guddes Wélles sinn. Loosst et mol zur Ofstëmmung kommen an da wäerte mer gesi wat mer maachen. Mä, wéi gesot, et ass eng ganz gutt Initiativ a vill Saache sinn onnétz, mä ganz vill Saachen déi däerde mer awer net ausschalten. A mir ginn lech nach eng Kéier op de Wee, d'ganz Joer ze spueren an dann hu mer vläicht méi bruecht wéi elo just eng Stonn auszeschalten. Mä mir gesinn herno wat mer stëmmen. Merci.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Madame Hildgen. Mir sammelen nach aner Wuertmeldungen iert de Resortschäffen äntwert an dann och den Interpellant nach eng Kéier d'Wuert kritt. Den Här Baum an dann den Här Codello.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Jo, ech wéilt den Här Hansen am Fong félicitéiere fir

déi Initiativ déi hien hei ergraft huet. Et ass am Beräich vun der symbolescher Politik wou mer eis hei beweegen an ech mengen, dat wat interessant dorunner ass, ass effektiv datt wann déi Motioun hei votéiert gëtt, datt d'Gemeng sech mol effektiv Gedanke maache muss, wat onnéideg Stroumausgaben sinn déi d'Gemeng huet an och Bewosstsinne schafe muss, datt et och am Alldag vun de Mënsche ganz vill Quelle ginn déi am Fong onnétz gebraucht oder verbraucht ginn. An duerfir mengen ech, datt dat hei eng Initiativ ass, déi een duerchaus ènnerstëtze kann.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Merci, Här Baum. Den Här Codello.“

**Daniel Codello (LSAP):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Also ech begréis-sen natierlech och déi Initiativ vum Fraktionskolleg, fir dat heiten op den Ordre du jour ze setzen, well et kann ee soen, némme 4.000 Gemengen an 126 Länner op dëser Welt maache mat. Dat ass enorm fir esou eng symbolesch Aktioun. An et ass net andeems, dass mir haut Nee stëmmen, dass mer do eppes gemaach hu wat deem Projet do méi Attentioun géing ginn. Ech géing hoffen, dass op Grond vun eiser Motioun haut, aner Lët-zebuerger Gemengen och op de Wee géinge goe fir bei deem symboleschen Dag matzemaachen. An déi Argumenter déi hei virbruecht gi sinn, wann Dir d'Motioun awer liest, déi awer elo net säitelaang ass, do steet dran, datt d'Escher Bierger sollen natierlech am Virfeld informiéert ginn. Si solle jo souguer sensibiliséiert ginn och matzemaachen. Dat ass net dass mir elo soen, einfach im stillen Kämmerlein, hei den 31. Mäerz schalte mir hei an Esch alles aus. Den Här Hansen ass och drop agaangen op déi Experienzen déi déi Gemengen an déi Stied déi scho matzemaachen. Natierlech gëtt net a ganz wichtige Secteure wéi am Spidol oder wéi bei der Südstroum gesot, hei Dir wäert elo Saachen hei müssen ausschalten déi lieuwenswichteg sinn. Et geet drëm, duerch e symboleschen Akt de Bierger ze sensibiliséiere fir eng ganz wichteg ekologesch Fro. Mir sinn, an dat kënn och aus der Motioun ervir, mir si Précurseur an eiser Èmwelt-politik, mir wëlle mat deem heiten en Zeeche setzen. Dofir gesinn ech hei awer elo keng Problematik an ech denken och net, an ech hunn, och wann Dir d'Press liest, ech hunn a kenger vun deene 4.000 Stied gelies, dass do op Grond vun däri Stonn wou et da schwarz war, do on-heemlech Sécherheetsproblemer entstan-ne sinn. Also dat, Madame Hildgen, ech

weess dass Dir émmer gären hutt, dat dote mat eran ze bréngen an d'Diskusiouen. Also, gleeft mer, dass während där Stonn Esch net wäert Verhältnisser kréie wéi aner kriminell Stied. An déi aner Gemengen, dann huelt Kontakt mat der Partnerstad Köln op, déi dat och schonn zénter zwee Joer mécht. Also d'Stad Köln kennt do och keng Problematik wat d'Sécherheet ugeet wann do eng Stonn schwarz ass.

Dofir, dee symboleschen Akt hei ass ganz wichtig an et wier e schlecht Zeeche wa keng Unanimitéit bei deem Vote hei géing erauskommen. Dee géing der Stad Esch nämlech schueden, awer virun allem och däri Fraktioun déi net géing matstëmmen. Merci."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Merci, Här Codello. Da géing eisen Energieschäffen d'Wuert am Numm vum Schäfferot dozou huelen.“

**Schäffé Jean Huss (déi gréng):** „Jo, Merci allen Intervenanten hei. Merci virun allem och dem Här Hansen, deen déi Initiativ hei geholl huet, fir déi Motioun hei eran ze bréngen. Eng Motioun, wou de Schäfferot kee Problem huet, déi kënnen ze énnerstëtzen. Mir wäerten also déi Motioun unhuelen.“

Och just e puer kuerz Remarquen dozou, den Här Codello huet elo schonn e puer Saache gesot! Madame Hildgen, et ass ganz kloer, datt wann dat dote geschitt, dann ass dat keng Aktioun, wou herno iergendee Sécherheetsproblem däerf optauchen. Dat ass ganz kloer. Wat déi Aktioun hei soll bewieren, dat huet den Här Baum richtegerweis gesot, et geet ém eng symbolesch Aktioun. Awer em eng symbolesch Aktioun, déi trotzdem wichtig ass, wichtig am Kader vun enger Politik vun Energieeffizienz engersäits, a Klimaschutz an Émweltschutz anersäits. An ech mengen, ech brauch elo keen Exposé hei ze halen, wéi wichtig déi Saache sinn.

Wat ass de symbolesche Charakter do derbäi? Mä dat ass, fir de Leit ze soen: op deem 31. Mäerz, während enger Stonn, maache mer dëse Geste, fir ze kucken, alles ofzeschalten, wat wierklech net néideg ass.

A wann Dir da frot, Madame Hildgen, wat bréngt dat eis dann? Natierlech rett dat eis Welt net. Dat ass ganz kloer. Mä wann et op ville Plaze gemaach gëtt, a wann et och hei um Territoire vun der Escher Gemeng gemaach gëtt, dann huet et trotzdem symbolesch en net ze énner-schätzende Wäert. Ech ginn lech mol e Beispill fir lech ze weisen, wat dat kann ausmaachen. Dat Beispill wat ech lech

ginn, ass en Experiment wat scho viru 5 oder 10 Joer eng Kéier um däitsche Fernseh gemaach ginn ass. Do hunn d'Leit vum Moderator proposéiert kritt an enger Fernsehssendung, si sollten higoen, während enger eenzeger Nuecht, de Standby vum Fernseh auszeschalten. Während enger Nuecht just! An natierlech waren d'Elektrizitéitswierker informéiert gi fir ze kucken, wéi de Verbrauch virdru war, wéi en dann duerno war. Wésst Dir wat d'Resultat war? D'Resultat war, ech weess elo d'Zuelen net méi auswenneg, mä datt eleng duerch d'Gesten, wann d'Leit do während däri enger Nuecht, vun Owes bis moies fréi, allegueren hire Standby ausgeschalt haten, dat hat mat sech bruecht, datt 2 oder 3 Atomkraftwierker hätte kënnen vum Netz geholl ginn. Ech mengen et waren der 2 oder 3. Dat heescht also, et ass effektiv esou, datt et wichtig ass, datt iwverflëssegen Energieverbrauch – iwwregens net némmen am Beräich vu Stroum – datt dee soll agegrenzt ginn, dass soll gekuckt ginn, fir méiglechst vill ze spueren. Fir méiglechst energieeffizient ze sinn, souwuel am Bauen, souwuel am perséinleche Gebrauch, a sengem Haus, wou een ass, wéi och op der Aarbeitsplatz, wéi och am Verkéier, quitte datt mer do net mat Elektrizitéit ze dinn hunn, mä mat anere Forme vun Energie. Mer musse goen an d'Richtung, fir Klimaschutz ze bedreiwen. A mer mussen op allen Niveauen kucken, fir méiglechst spuersam mat den Energieën émzegoen. Hei wéi gesot mam Stroum!

Wann dat gemaach gëtt aus Grénn vun Energie-, Klima- an Émweltschutz, da kann een dat och op eng positiv Aart a Weis verbanne mat sengem perséinlechen Budget, mam perséinlechen Haushaltsbudget. Well wann ech sénnsloserweis meng Luuchten iwverall uloissen, alles op Standby loessen, huet dat jo och ze di mat menger Elektrizitéitsrechnung, mat menger Energierechnung. An och do kënnen d'Leit dann aus sozialen Impulser eraus Sue spueren. Dat heescht, et ass engersäits eppes wat der Energiesituatioun, der Émwelt, dem Klimaschutz notzt, an op däri anerer Sät och deem eegene Porte-monnaie. Well ech mengen, Leit, déi wierklech net doropper oppassen an hirem perséinlechen Haushalt, bei deenen ass d'Rechnung herno um Enn vum Mount oder vum Trimester natierlech och méi héich. An dat si Saachen, déi ee wierklech ka spueren, an duerfir mengen ech, datt eng Gemeng soll mat engem gedde Beispill virgoen, fir dat ze maachen a gläichzäiteg en Opruff och un déi Privatbierger, fir dat selwecht ze maachen.

Wéi soll dat konkret ausgesinn? Do sinn ech och frou, datt eng Rei vu Virschléi hei komm sinn. Dir wésst, datt mer eng berodend Kommissiouen hunn, eis Émwelt- an Energiekommissiouen, déi zesumme geschloe ginn ass. Déi Kommissiouen ass fir d'éischte Kéier elo virun e puer Deeg zesumme komm, an do ass de Beräich Émwelt traitéiert ginn. An et ass do gesot ginn, datt eng zweet Sitzung kuerzfristeg an 8 oder 10 Deeg soll sinn, wou den Énergievolet soll virgestallt ginn. Dat heescht alles, och zB d'Froe vu Südstroum, datt d'Leit an de Kommissiouen alles erkläert kréien, datt se erklärt kréien, wou mer stinn, wat bis elo gemaach ginn ass an deene leschten 6 oder 10 Joer, fir a Richtung vun enger méi eko- logescher Energiepolitik ze goen. Do si jo eng ganz Rei Initiative geholl ginn. Op däri anerer Sät hu mer eise Koalitiounsprogramm, wat mer wëlle maachen. An all Idee – dat hunn ech hei schonn eng Kéier gesot – all Ideeë si wëllkomm, déi an déi dote Richtung ginn. Ob se elo vun engem Majoritésconseiller kommen oder vun engem Oppositionsconseiller. Ech géif mengen, datt et sénnsvoll wier, wa mer déi berodend Energiekommissiouen hunn, datt mer direkt deenen als Optrag ginn, eng Rei vu Virschléi ze man, wéi déi dote Saache sech soll dérouléieren, an dat auszeschaffen, datt mer dann op der Grondlag vun deene Virschléi eng Rei vun Aktiounen aleeden, wéi een Opklärung driwwer ka maachen, wéi ee Publizitéit dofir ka maachen a wat een de Leit inhaltech seet, op wat fir engem Niveau datt se am beschte këinne spueren. Ech mengen, d'Madame Hildgen huet jo gesot, si géif ofwaarden, wat fir eng Virschléi dann do géife kommen. Als zoustännege Schäffé sinn ech a wéineg iwwerrascht ginn iwwert d'Initiativ, mä ech fannen déi ganz positiv. Ech sinn och bereet dat émzeseten, mä et soll awer elo net esou sinn, datt ech elo eleng hei soll all Initiativen do mussen ausschaffen. Ech mengen et soll een dat zesumme maachen, duerfir hu mer eng berodend Kommissiouen. Bréngt Är Ideeën do eran an da wäerte mer dat maachen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Gutt, da Merci, Här Huss. Ech géing da proposéieren, dass den Interpellant, loosse mer en esou nennen, nach eng Kéier d'Wuert kritt.“

**Mike Hansen (LSAP):** „Merci. Also fir d'éischte fannen ech mol flott, datt mer och esou eng Motioun hei kënnen diskutéieren. Ech mengen dat schwätzt jo schonn eleng fir dëse Gemengerot. Ech muss lech och, Madame Hildgen, op

## 12. Südstroum Sàrl & co secs / 13. Fixation du taux d'impôt foncier pour l'exercice 2012

engem Punkt Recht ginn, awer nämmen op engem, Ëmweltschutz ass nämlech, do sinn ech ganz mat averstanen, ass keng Saach vun engem Dag. Et ass och keng Saach vun enger Stonn. Mä dës Aktioun, dat musse mer eis bewosst sinn, déi ass symbolesch. Ech mengen, a menge Untrétsried hunn ech jo och scho gesot, mir retten hei sécher d'Welt net, mä mir können awer hei staark Zeeche setzen an dëst ass esou e staarkt Zeechen.

Ech mengen, Dir hutt och gefrot, wat bréngt déi Aktioun ganz genau? Ma eng Stad am Vietnam déi déi Aktioun duerchgezunn huet, a während enger Stonn mengen ech de Stroum ofgeschalt huet, huet ongefíer 28.000 Dollar u Stroumkäschten, un Elektrizitätskäschte gespüert. E Stroum deen ausgeschalt ass, dee kascht eis jo näisch. An dësem Sënn wäert dës Aktioun och keng grouss Käschte verursaachen.

An ech wëll awer och nach umengen, datt e schwaarzt Esch jo grad enger CSV muss gutt gefalen.

(Zwëscheruff vum Här Goetz)

Ech kann och net novollzéien, datt Dir fannt, datt nämmen 126 Länner an nämme 4.000 Gemenge matmaachen. Also op engem planetairen Niveau. Planetaire gesinn an 126 Länner wou Gemenge bei enger Aktioun matmaachen, mol gewësse Sécherheetsréit déi kréien dat net zesummen, datt déi op engem Strang zéien. A 4.000 Gemengen, kuckt mol nämmen hei am Süden un, well wa mer all un engem Strang géifen zéien, da wären d'Sozialinfrastrukturen am ganze Land besser, wa mer all an eng Richtung géife goen. A mir ginn hei op eng international Richtung, mir énnerstëtzten en Appel vun der WWF, wat jo och net grad e klenge Verain ass, do si mer op enger Echelle mat Stied wéi Paräis, mat New York, also eng Plusvalue wäert awer och schonn do sinn. An ech mengen, dat ass jo eng Aktioun, et ass jo net, datt mer déi elo ee Joer maachen an da vergiessen. Dat soll jo herno weider entwéckelt ginn. An dat ass och eng Saach wou e Spillover passéiert, wou émmer da weider Saache geschéien. Ech weess, wann d'Uni elo erof kënnt, vläicht mécht d'Uni jo mat an dann hu mer nees nei Studenten an der Stad. Dat gett eng flott Ambiance an ech mengen do muss ee sech och net onbedéngt, bei all Aktioun muss ee sech och net émmer Gedanken iwwer Sécherheetsproblemer maachen. Dir wäert gesinn, bei der Jugendherberg wäert et net passéieren an hei och net."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Här Hansen, wann Dir awer elo wéilt zur

Konklusioun kommen, well Dir hat jo schonn Är Argumentatioun présentiéiert an de Schäfferot huet scho geäntwert a mir ginn an d'Kommissiouen. Wann Dir just wéilt elo..."

**Mike Hansen (LSAP):** „Also, nach just eng Kéier ganz kuerz, wat Är Kommunikatioun och ugaangen ass, wéi een dat kommuniziéiere wéll. Dir hutt do am Dossier hutt zwee weider Dossieren. Den Dossier pédagogique wéi d'Kanner, d'Ju-gendlecher leien, déi, ech menge pragmatestsch op deen Dag aginn a wou Dir pragmatestsch Ideeën a Solutione fir deen Dag hutt. A wat de Rescht ass, do huet den Här Muck jo gesot..“  
(Gelaachs)  
De Schäffen Huss jo scho gesot ...”

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Den Här Mike huet eng Laachkris.“  
(Gelaachs)

**Marco Goetz (CSV):** „Sinn dat éischter déi blo oder déi gréng Pëllercher déi dat dote maachen?”

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Ech mengen, eise Schäffé rett elo déi Situations duerch eng lescht Remarque am Numm vum Schäfferot.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Fir ze soen, Här Hansen, fir lech ze soen Här Hansen, ech hat jo gesot, datt geschwenn d'Energiekommissiouen géif tagen. Ech wäert der neier Presidentin vun där Kommissiouen noleeën, lech fir déi Sitzung mat ze invitéeieren als Expert, an dann, datt Dir kënnt déi Virstellungen do méi genau der berodender Kommissiouen vir-leeën, an dann diskutéiere mer doriewer.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Gutt. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vun dëser Motioun.“

### Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme  
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.  
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.  
Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal adopte à l'unanimité la motion suivante:

Le Conseil communal,  
- considérant l'appel du WWF: "Earth  
hour (60 minutes pour la planète).

*Eteignons Nos Lumières Pour Y Voir  
Plus Clair!" ;*

*- tenant compte des efforts entrepris  
de notre ville dans le domaine de l'éco-  
logie ;*

*- considérant le caractère mondial de  
cette manifestation de la lutte contre  
le réchauffement climatique ;*

*- estimant que cette action symbolique  
représente une dimension particulière  
pour notre ville ;*

*invite le collège des bourgmestre et  
échevins*

*- à participer le 31 mars 2012 à 20.30  
à l'appel "une heure pour la planète",  
en éteignant toutes les lumières sous  
responsabilité communale et en dé-  
branchant les appareils électriques  
non-nécessaires pour une durée d'une  
heure au minimum.*

*- à appeler tous les citoyens et com-  
merçants eschois à y participer.*

## 13. Fixation du taux d'impôt foncier pour l'exercice 2012; décision

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Mir géingen da weiderfuere mam ale  
Punkt 13, dat ass d'Fixatioun vum Taux  
d'impôt foncier fir den Exercice 2012 a  
mir géingen lech proposéieren deen um  
nämlechten Niveau ze loosse wéi 2011.  
Den Här Baum.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Jo, Madame  
Buergermeeschter, wann een d'Budgets-  
debatten e bësse suivéiert huet, da wäert  
et net iwwerraschen, datt mer mat deem  
heiten net mat averstane sinn. Mir men-  
gen, datt den Impôt foncier zu Esch, net  
nämnen zu Esch, mä awer och zu Esch,  
misst massiv an d'Luucht gesat ginn, well  
effektiv Eegentum net an deem Mooss  
zur Kollektivitéit bäidréit wéi dat misst  
sinn. An duerfir wäerte mir och hei Nee  
stëmmen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Jo, den Här Codello.“

**Daniel Codello (LSAP):** „Här Baum, Dir  
hutt vun de Budgetsdebatte geschwat.  
Mir suivéiere se jo allegueren. Ech men-  
ge mir sinn awer net zu enger allgemeiner  
Konklusioun, ech mengen Dir hat och  
net esou richteg mat gedroen, mä ech  
mengen, dass mer awer gesot hunn, datt  
den Impôt foncier, an do gitt Dir mer  
Recht, an de leschte Joeren émmer u  
Wichtegkeet verluer huet. A mir wollten  
op de Wee goen, an ech mengen do  
misste mer dann och eng Kéier als Escher  
Gemeng en Zeeche setzen, och vläicht

iwwert eng Motioun, datt endlech d'Chamber erém zeréckkennet op hir Motioun vun 2003, wou se unanime gestëmmt huet, datt den Impôt foncier soll reforméiert ginn am Senn, datt den Impôt foncier erém e méi e wichtige Rôle am Kader vun de Recettë vun der Gemeng spille wäert. Do solle mer eis awer och eng Solidaritéit um nationale Plang ginn. Do kann Esch natierlech e Virbild och sinn, ech denke mir kommen op dat doten zréck, well do muss dat doten awer national geregelt ginn."

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Si soss keng Wuertmeldung méi do? Mir maachen dann eng kleng Confidence awer als Schäfferot. Mir hunn am Fong den Zäitpunkt verpasst fir de Vote vum Impôt foncier ze maache wou mer nach Handlungsspillraum gehat hätten. Dat heescht, dat heiten ass am Fong an deem Senn Moutarde après dîner, dass mer zwar wuel vun der Form hir et mussen op den Ordre du jour setze loessen a votiére loessen, mä eigentlech hätte mer dat virum mengen ech, dem 1. Oktober misste maachen oder dem 1. November. A vu dass do zu deem Moment de Geemengerot nach net zesumme komm war, gëtt am Fong den Taux automatesch um nämlechten Niveau gehale wéi am Virjoer. Dat heescht, dat war net esou ganz onschëllleg wou mer da gesot hunn, e wier um nämlechten Taux wéi d'Virjoer, well mir hätten och net kënnen en haut héijen, och wa mer gewollt hätten.

Mä och wa mer an den normalen Délai gewiescht wieren, hätte mer awer propoiséiert fir den Taux um Niveau vun 2011 ze loessen, well mir sinn der Meenung – an ee Volet dovunner ass hei scho vum Fraktiouunspriecher vun der LSAP gesot ginn – mir sinn der Meenung och, dass den Impôt foncier en Instrument ass, wat souwuel um nationale Plang soll reforméiert ginn, mä wou awer och Spillraum fir d'Gemenge besteet, och en absence vun nationale Regelungen Initiativen ze huelen. A mir wëllen en interne Grupp op d'Be setzen, hunn dat awer nach net entaméiert, fir iwwert déi dote Fro ze schwätzen.

Mä mir wëllen awer korrekt bleiwen an éierlech sinn, mir proposéiere wuel fir den Taux onverännert ze loessen, mä eigentlech ass et eng Zeréckféierung vun der Situatioun vun 2011 automatesch, well dat am vergaangene Joer net geschitt war. Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal accepte par 14 voix oui et 2 voix non la fixation des taux communaux à appliquer pour l'année d'imposition 2012 en matière d'impôt foncier.*

*Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bernard, Bofferding, Codello, Goetz, Hansen, Hildgen, Kox, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Ont voté non, les conseillers Baum et Johanns.*

**14. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier pour les exercices 2009 à 2011; décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Dann de Punkt 14, dat ass den normale Relevé et rôle supplétif vum Impôt foncier fir d'Exercicer 2009, 2010 an 2011. Déi Sue kënne mer dann an eis Kees aféieren. Dat sinn Nachzügler an enger Gesamthéicht vu 6.696 €. Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier précité relatif aux exercices 2009 à 2011.*

**15. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Punkt 15, dat sinn déi Questions de personnel déi mer net am Huis clos traitéiert hunn an och hei geet d'Wuert un eise Personalschäffen, den Här Huss.“

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Jo, ganz kuerz. Am Huis clos hu mer haut de Moie 5 Redakteschposte geschaافت, 3 Stéck dovunner fir eist Biergeramt. Hei ass ee

vun deene Poste fir d'Biergeramt, an zwar dee Posten, dee mer benannt hunn, fir d'Madame Geib ze ersetzen, déi den 1. September hir Retraite hëlt an déi och nach virdru vill Congésdeeg huet. Esou datt mer haut de Moien à Huis clos schonn och dése Poste besat hunn. Et ass also ee vun deenen dräi Poste fir d'Biergeramt, iwwer dee mer hei also ofstëmmen.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité des voix la création d'un poste de rédacteur.*

**Schäffe Jean Huss (déi gréng):** „Dann deen zweete Punkt bei Punkt 15 ass d'Kreatioun vun 2 Posten am Pool de remplacement fir eis Maisons Relais. Wann ee Maisons Relais baut, a mir hunn der an de leschte Joeren eng ganz Partie gebaut a mer gi virun op deem dote Wee, dann ass et natierlech och kloer, datt déi Maisons Relais musse propper gehale ginn a se musse gebotzt ginn. A wat ee méi Maisons Relais huet, wat natierlech de Besoin och méi grouss ass vu Personal an deene Maisons Relais. Dozou kënnet nach e weidere Punkt, dat ass, datt och oft Leit krank sinn an dofir hu mer dee Pool de remplacement a vun dohier also déi Kreatioun vun deenen zwee Posten am Nettoyage.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):** „Au vote.“

**Conseillers présents:**

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal accepte à l'unanimité des voix la création de deux postes d'agent de nettoyage.*

## **16. Commissions consultatives: changements de composition; décision**

### **Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„De Punkt 16 ass eng Ännérung an enger Commission consultative. Dat ass, men- gen ech, e geheime Vote. Dat ass e Bréif dee mer vun deene Grénge kritt hunn.“

#### *Conseillers présents:*

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
*Le Conseil Communal procède par vote secret et accepte à l'unanimité des voix les changements aux commissions consultatives.*

## **17. Commission des Femmes et Hommes de métier; nomination des membres; décision**

### **Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**

„An en attendant géing ech lech scho poposéieren, lech Punkt 17 unzukucken. Dat ass eis Commission des Femmes et Hommes de métier. Dat ass keng Gemen- gekommissiouen. Et ass och e bëssen elo eng, vläicht eng komesch Presentatioun well mir huele jo keng Désicioù iwwert d'Madame Lorang, dat ass net eis Vertrie- derin. Hei ass just eng Lëscht mat deene Persouen déi herno an där Kommissiouen sinn. Vun eiser Säit aus wier dat de President vun der Stadentwicklungskommis- sioun. Et wier d'Madame Bisdorff, eis Ge- metesch, den Här Demuth, eisen Ingé- nieur directeur, an den Här Everling, eisen Architecte directeur an d'Madame Daisy Wagner, Chef vun der Divisioun vum Urbani- mus. Mir wieren dann och frou, wann Dir hei där Kompositioun År Zoustëm- mung kéint ginn. A mer mussen och her- no nofroen ob dat och e geheime Vote ass.  
 Den Här Baum huet d'Wuert gefrot.“

**Marc Baum (DÉI LÉNK):** „Jo, ech hunn eng Fro wat d'Kompositioun ugeet. Deen Deel vun der Gemeng, wéi Dir en duer- gestallt hutt, schéngt mer och relativ kloer ze sinn. Mä déi zwee éischt, d'Ma- dame Lorang an den Här Valentiny, vu wou komme se? A ween nominéiert se? Well fir mech ass et awer eng Kommis- sioun déi grad a Bautefroen eng relativ

Wichtegkeet huet an déi och gesetzlech virgeschriwwen ass. A wann een deen an där Kommissiouen sätzt, selwer Architekt ass an deen zum Deel am Optrag vun der Gemeng, wéi mer och haut scho gesinn hunn, Aarbechten duerchféiert, da stellt sech d'Fro, a wéi wäit et do net eventuell zu Incompatibilitéité kéint kommen?“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
 „Madame Hildgen.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Merci, Ma- dame Buergermeeschter. Ech ginn elo, den Här Baum war scho bei 17, ech ginn nach eng Kéier zeréck op 16. Ass dat er- laabt? Gutt. Mir hunn elo d'Kommissioune gestëmmt, Madame Buergermeesch- ter, ech sinn elo 16 erëm zréckgaangen. Ass dat erlaabt? Geet dat?“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
 „Nee, de Punkt ass färdeg.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Mä de Vote ass awer nach net deklaréiert. Well hei steet: 2 commissions consultatives, et ass nëmmen eng do. Mir hunn nëmmen iwwer eng ofgestëmmt.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
 „Mir sinn elo hei amgaangen auszezielen d'Bulletine vum Punkt 16, an do ass ge- mellt d'Commission du 3<sup>e</sup> Âge, Membres effectifs, Membres suppléants. An effektiv ass do e Schreiffeler, dee kann lech na- tierlich dozou beweegen dee Vote elo net matzedroen. Mä wat mir elo hei aus- zielen ass, ob en Accord vum Gemenge- rot do ass fir als Memberen an der Drétt- alterskommissiouen als Membre effectif d'Madame Paulus an als Membre sup- pléant, d'Madame Schmit ze nennen. Et ass eng Kommissiouen. Äre Vote dréckt och just eng Kommissiouen aus.“

**Annette Hildgen (CSV):** „Gutt, mir akzeptéieren dat. Dann ass dat eng Faute de frappe.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
 „Jo.  
 Vläicht kann den Här Hinterscheid, well dee kennt déi Kommissiouen, Explikatioune ginn, well ech mengen ech hunn eng falsch Duerstellung gemaach.“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
 „Déi Commission de Femmes et Hommes de métiers ass an eisem Bautereglement verankert. Déi soll de Schäfferot beroden a Situatiounen wou eventuell Derogatiou- nen zum Bautereglement kéint autoriséiert ginn. Sollen och beroden an deene ganze Beräicher vun de Secteurs protégés

oder vun den Immeubles protégés wéi mer mat där schützenswärter Bausub- stanz sollen émgoen. Déi Kommissiouen, déi Leit déi dodra sinn, d'Madame Antoinette Lorang, déi ass jo Dokter an Histoire de l'Art. Den Här Valentiny ass en Archi- tekt deen och eng gewësse Sensibilitéit huet zu deem méi Kënschtlereschem. An dann ass, als Lien zu der Politik, de Pre- sident vun der Bautekommissiouen, d'Ma- dame Bisdorff als Beamten, als Fonction- naire vun der Gemeng, den Här Demuth als Fonctionnaire vun der Gemeng, den Här Everling als Architekt an d'Madame Wagner als Chef de division vum Urbanismus. Dat ass eng berodend Kommissioun, déi en Avis un de Schäfferot gëtt a ganz spezifische bautechnesche Froen. Ech hu se elo dresséiert, a mir nennen déi Leit. An Dir hutt Recht wann Dir sot, den Här Valentiny dat kéint e Conflit d'intérêts ginn. Mä dann däerf den Här Valen- tony bei enger Situatioun wou dat de Fall wär, däerf hien net um Vote Deel huelen an dann däerf hien och net un den Deli- berationen Deel huelen. Ech mengen, dann ass hien natierlich därselwechter Beruffsethik énnerworff déi mir gegebene- falls hei énnerworff sinn, wann en Dossier hei traitéiert gëtt am Conseil, wou ier- gendeen de Façon directe oder indirekte doru bedelegt ass, däerf e mol net am Sall si bei den Débaten. Ech mengen, d'Situatioun ass awer do kleng, well dat si keng grouss Projeten. Dat sinn éischter punktuell Gebaier wou Demandé si fir et émzebauen, Haiser wou Demandé si fir et émzebauen an engem Secteur protégé fir dann ze soe wéi gi mer domat ém. Also ech gesinn do eigentlech wéineger de Risiko vun engem Conflit d'Intérêts. Mä mir nennen déi Leit hei als Gemengerot, well et eng Kommissiouen ass déi an eisem Bautereglement steet.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
 „Villmoos Merci fir dës Explikatiounen. Erlaabt mer nach eng Kéier kuerz op de Punkt 16 zeréckzkommen. D'Commissi- on consultative wou mer effektiv awer just eng hu wéi hei richtege festgestallt ginn ass. Do hu mer 18x Oui. Also ass déi Ännérung déi vun der Grénger Partei proposéiert ginn ass, ugeholl, unanime. Merci fir d'Explikatiounen nach eng Kéier vum Här Hinterscheid a mir kéimen dann zum Vote vun där consultativer Kommissiouen des Femmes et Hommes de métiers wou dann déi Gesamtkompositioun vun eis proposéiert ass.  
 Au vote. Ah, dat ass och e geheime Vote. Jo.“

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme  
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.  
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.  
Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal procède par vote  
secret et désigne par 16 voix oui et 1  
bulletin blanc les membres de la Com-  
mission des Femmes et Hommes de  
Métier.

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike  
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme  
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.  
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.  
Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité des voix la liste des sub-  
sides extraordinaires.

**20. Règlements de la circulation  
routière; confirmation  
et décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Dat lescht Wuert geet un eise Mobilitéitsschäff fir d'Circulationssreglementer.“

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):**  
„Jo, et ass d'Konfirmatioun vun zwee pro-  
visoresche Reglementer déi duerch Chantieren  
noutwenneg gi sinn an et ass dann  
de Vote vun engem definitive Reglement,  
well do kënne mer jo d'Urgence net invo-  
quéiere mat deem Zäitraum dee mer  
nach virun eis hunn. An et ass d'Verkéiers-  
reglement wéi all Joers fir eis Ouschterkir-  
mes.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Au vote.“

**18. Subsides extraordinaires;  
décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Kuck lech de Punkt 18 un, dat sinn eis  
aussererdentlech Subsiden déi vun eiser  
Kommissioun proposéiert ginn. Dir hutt  
och eng entspprechend Léscht dobäi leie  
wou all déi Subsiden opgeléscht sinn an  
och d'Beneficiairë vun deene Subsiden.  
Ech profitéiere vläicht dovunner well mer  
d'Auszielen nach maachen, lech déi ze  
soen. Et ass d'Stëmm vun der Strooss,  
d'Fondation Cancer, Natur an Ëmwelt:  
Hëllef fir d'Natur an natura wou mer eng  
Kotisatioun maachen. Dann de 50. Anniver-  
saire vun eisem Camping a Caravanning  
Club, dee subsidiéiere mir mat  
2.500 €. Dann och d'Fondation Follereau  
déi mir fir hir ganz wichteg Cause mat  
1.000 € énnerstëtzen, well si Éffentlech-  
keetsaarbecht maache géint d'Beschnei-  
dung vun de Fraen a Meedercher, a ganz  
ville Länner wou dat leider nach èmmer  
de Fall ass. An dann och d'Amicale Albert  
Ungeheuer mat enger Kotisatioun wéi  
am Virjoer.

Wann Dir d'accord sidd, da kënne mer en  
bloc déi Subsiden ofstëmmen. Au vote.“

**19. Contrats de bail; décision**

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Mir géingen dann d'Wuert un d'Mada-  
me Spautz gi fir d'Contrats de bail.“

**Schäffin Vera Spautz (LSAP):** „Jo, Dir  
hutt déi éischt 3 Kontrakter dat sinn nei  
Locatairen a 4 a 5 sinn Avenanten zu  
bestehende Kontrakter. Ech bidden lech,  
deem zouzestëmmen, wann ech gelift.“

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Au vote.“

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme  
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.  
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.  
Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité des voix les contrats de  
bail.

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –  
Mme Taina Bofferding – M. Daniel  
Codello – Mme Annette Hildgen – M.  
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.  
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme  
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.  
Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M.  
Everard Wohlfarth – M. André Zwally  
Le Conseil Communal approuve à  
l'unanimité des voix les règlements de  
la circulation.

**Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):**  
„Sou, mir sinn dann um Enn vun eiser  
Sëtzung ukomm. Mir gesinn eis, wann  
ech mech richteg erënneren, den 10.  
Februar erëm an ech géing lech dann  
allegueuer Merci soen an e gudden Appé-  
tit wënschen.“

## Résumé en français de la séance du Conseil communal du 20 janvier 2012

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

**Mike Hansen (LSAP)** introduit une motion concernant l'initiative «60 minutes pour la planète» qui sera traitée après le point 12 de l'ordre du jour.

### 2. Information au public des décisions de personnel

A) Nominations provisoires.

Carrière du rédacteur.

Nomination provisoire de 5 rédacteurs de la Ville: Bastos, Delvaux, Muratovic, Zuman, Winckel

B) Nominations définitives.

Carrière de l'agent municipal.

1) Nomination définitive de Monsieur Serge Martins aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1<sup>er</sup> janvier 2012.  
2) Nomination définitive de Monsieur Giuseppe Zangari aux fonctions d'agent municipal, avec effet au 1<sup>er</sup> janvier 2012.

C) Promotions.

Carrière de l'ingénieur technicien.

Promotion avec effet au 1<sup>er</sup> février 2012 de Monsieur Laurent Menster, ingénieur technicien inspecteur (grade 11) depuis le 01.12.2003, affecté au département des travaux municipaux, aux fonctions d'ingénieur technicien inspecteur principal (grade 12).

D) Questions de personnel engagé soit sous le régime du salarié.

Prolongation de l'engagement à plein temps pour la période allant du 1<sup>er</sup> janvier 2012 jusqu'au 31 mars 2012 de Monsieur Bernard Linster comme salarié à vocation intellectuelle auprès de la bibliothèque municipale.

### 3. Correspondance

Il n'y a rien sous ce point.

### 4. Rénovation de l'ancien bâtiment de l'école de Lallange; décision

**Jean Huss (déi gréng)** rappelle que le programme de coalition met l'accent sur les infrastructures scolaires. Il s'agit maintenant de rénover l'ancien bâtiment de l'école de Lallange. Il y a déjà eu des travaux préparatifs lors de la coalition précédente. Les travaux actuels vont durer environ 18 mois et il s'agit maintenant de voter un devis de 1,8 mio € pour pouvoir commencer ces travaux. M. Huss renvoie

ensuite aux remarques des instances officielles concernant la mise en conformité aux exigences de sécurité du bâtiment. Après l'achèvement des travaux, un gymnase et une aire de jeux seront installés. Durant les travaux, les enfants concernés seront délogés dans les nouvelles annexes ou, le cas échéant, vers l'école Nonnewisen.

**André Zwally (CSV)** rappelle que son parti aurait préféré de rénover d'abord les vieux bâtiments scolaires avant de construire de nouvelles écoles. Il espère que le Conseil Communal n'aura pas besoin de voter de devis supplémentaires comme c'était déjà le cas dans le passé pour cette même école.

Il souligne ensuite l'importance des mesures de sécurité. Son parti votera en faveur de ce devis.

**Zénon Bernard (KPL)** donne l'accord de son parti pour ce devis.

**Annette Hildgen (CSV)** aimerait connaître la date de début et la durée des travaux. Elle craint qu'il y aura un problème de transport si les enfants vont être délogés vers l'école Nonnewisen.

**Jean Huss (déi gréng)** explique à Mme Hildgen que les enfants n'auront très probablement pas besoin d'être délogés vers les Nonnewisen et il répète que les travaux vont durer 18 mois.

Il explique à M. Zwally qu'il suppose que l'estimation à base du devis est sérieuse et fiable et que le conseil n'aura pas besoin de voter un devis supplémentaire.

Il souligne l'importance du travail du nouveau délégué à la sécurité pour pouvoir garantir la sécurité dans les bâtiments publics.

M. Huss n'admet ne pas comprendre les propos de M. Zwally concernant la priorité de son parti pour la rénovation de vieux bâtiments scolaires puisqu'il s'agit ici justement d'une rénovation d'un vieux bâtiment.

**Jean Tonnar (LSAP)** explique à Mme Hildgen qu'on n'aura pas besoin de déloger d'enfants vers les Nonnewisen puisqu'il y a amplement de place dans l'école de Lallange.

(Vote)

### 5. Economie solidaire: Présentation de la convention avec la société CO-LABOR dans le cadre du projet «Valobois» et décision

**Vera Spautz (LSAP)** présente une convention avec Co-Labor pour la poursuite du projet «Valobois», initié en 2007 dans le cadre de l'économie solidaire. Ce projet prévoit que des demandeurs d'emploi ramassent du bois dans les forêts pour le vendre ensuite comme bois de chauffage. La Ville participe à 50.000.- € à ce projet. 7 demandeurs d'emplois ont réalisé en 2011 un temps de travail de 1.455 heures. Ils ont produit 33 stères de plus qu'en 2010. Il y aura des entrevues avec le CIGL et Co-Labor pour améliorer cette offre. (Vote)

### 6. Office social :

#### a) fixation de l'indemnité du receveur; avis b) Convention entre l'Office social d'Esch-sur-Alzette, l'Etat et la Ville d'Esch-sur-Alzette; présentation et décision

**Vera Spautz (LSAP)** propose de fixer l'indemnité du receveur pour son travail pour l'office social calculée mensuellement sur la base d'une déclaration des heures de travail effectivement prestées et correspondant à 1/173 du traitement barémique que cette personne perçoit en sa fonction de receveur de la Ville d'Esch-sur-Alzette.

Elle propose ensuite d'accepter la convention pour 2012.

(Votes)

### 7. Subventionnement des activités culturelles organisées par la Kulturfabrik asbl: présentation de la convention entre la ville d'Esch, l'Etat et la Kulturfabrik asbl, et décision

**Jean Tonnar (LSAP)** présente la convention annuelle avec la Kulturfabrik. Il profite de l'occasion pour souligner le bon et important travail de cette petite équipe. En 2011, 29.153 personnes ont visité la Kulturfabrik. A côté de plusieurs pièces de théâtre, il y a eu 4 conférences,

55 concerts de musique amplifiée, 18 concerts de musique du monde, 11 soirées littérature/poésie, 9 festivals, 8 expositions, 11 séances pédagogiques et 11 workshops. M. Tonnar souligne en outre la bonne coopération avec toutes les autres institutions culturelles de la ville. Finalement, M. Tonnar fait un appel aux conseillers de participer à la première Nuit des Cultures, le 26 mai.

**Marc Baum (Déi Lénk)** aimerait savoir pourquoi il y a une différence entre l'apport de la commune et celui de l'Etat.

**Martin Kox (déi gréng)** se rallie aux propos de M. Tonnar.

Il se réjouit de l'augmentation du budget et explique que les salaires à la Kulturfabrik sont beaucoup plus bas que dans les autres institutions culturelles du pays. Il pense cependant que la commune devrait mettre un budget à disposition pour la rénovation et l'isolation du bâtiment.

**Frunnes Maroldt (CSV)** craint qu'une rénovation puisse détruire le cachet du bâtiment. Il propose de ne pas chauffer les salles jusqu'à 20° ou 30° C et de porter peut-être des vêtements plus chauds. Il rappelle que chaque collège échevinal a donné les moyens à la Kulturfabrik pour qu'elle puisse réaliser ses projets.

M. Maroldt se réjouit de la nouvelle coopération entre les différentes institutions culturelles de la ville et même avec les écoles.

Son parti soutiendra cette convention.

**Jean Tonnar (LSAP)** se rallie aux propos de M. Kox concernant les salaires du personnel de la Kulturfabrik.

Il explique à M. Baum que la différence entre les apports de la Ville et de l'Etat provient du fait que l'Etat subventionne la revue littéraire «Transkritt» avec 10.000.- €.

Il se rallie aux propos de M. Maroldt concernant la coopération entre les institutions.

(Vote)

## 8. Bibliothèque municipale: nouveau règlement d'ordre interne; décision

**Jean Tonnar (LSAP)** présente une version actualisée du «Règlement d'ordre interne/règlement du prêt».

(Vote)

## 9. Parc animalier au «Galgebierg»: présentation de la convention avec un cabinet vétérinaire et décision

**Jean Huss (déi gréng)** présente une convention avec un cabinet vétérinaire pour le soin des animaux du parc zoologique. Ces vétérinaires devront être aptes à traiter des animaux de grandes tailles et de réagir aux urgences et ceci même les weekends. Le cabinet a été choisi selon ces critères.

**Théid Johanns (Déi Lénk)** souligne l'importance de ce parc, surtout pour les enfants, mais regrette son aspect lamentable. Il ne comprend pas, pourquoi les travaux de réfection n'avancent plus. M. Johanns propose de combattre l'aspect visuel ennuyeux du parc avec l'aide d'un paysagiste. Les volières ont besoin d'un nouveau look et on devra aménager les clôtures de façon à ce que les enfants puissent toucher les animaux. M. Johanns regrette aussi l'absence de panneaux d'information.

On pourrait aménager ensemble avec les enfants de l'école en forêt un verger et un potager pour communiquer aux enfants le respect des fruits et légumes. On pourrait ensuite donner ces fruits et légumes à manger aux animaux du parc.

**André Zwally (LSAP)** aimerait savoir pourquoi cette convention n'a pas été faite avec des vétérinaires eschois.

Il propose de promouvoir ce parc ensemble avec tout le Galgebierg sur un niveau régional, p.ex. au GECT.

**Jean Huss (déi gréng)** rappelle à M. Zwally qu'il a déjà expliqué pourquoi on a choisi le cabinet en question.

Il remercie M. Johanns pour ses bonnes et constructives idées. La commission compétente est déjà en train de développer de telles idées qui vont bientôt être présentées. On présentera aussi un concept intégral pour le 50<sup>e</sup> anniversaire du parc en automne.

(Vote)

## 10. Antenne collective: adaptation des taxes suite à une modification du taux des droits d'auteurs; décision

**Henri Hinterscheid (LSAP)** explique que les droits d'auteurs de la taxe antenne sont soumis à un mécanisme d'indexation et la taxe va donc augmenter en 2012. Dans un souci d'une plus grande transparence, M. Hinterscheid propose

de diviser dorénavant la taxe antenne en deux : en taxe antenne et en taxe droits d'auteurs. Cette manœuvre permettra en outre à la commune de garder la souveraineté sur la formation du prix de la taxe antenne.

**Mike Hansen (LSAP)** aimerait savoir si en 2014 l'indice sur la taxe des droits d'auteurs sera modulé de la même façon que les autres indices.

**Zénon Bernard (KPL)** se rallie aux propos de M. Hansen. Puisque l'augmentation de la taxe est entre 15 et 20%, il ne pourra pas voter en faveur de ce point.

**Marc Baum (Déi Lénk)** se rallie aux propos des orateurs précédents et puisqu'il s'agit de l'augmentation d'une taxe, il ne votera pas en faveur de ce point.

**Henri Hinterscheid (LSAP)** pense qu'on peut en effet se demander que si on module l'indice sur les salaires, pourquoi on n'adapte pas aussi l'indice des coûts.

